

MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7.7255 – Projet de loi sur les forêts et portant :

1^o modification de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ;

2^o abrogation de :

a) l'Édit, Ordonnance et Règlement du 14 septembre 1617 des Archiducs Albert et Isabelle sur le fait des Bois ;

b) l'ordonnance modifiée du 13 août 1669 sur le fait des Eaux et Forêts ;

c) l'ordonnance et règlement des Bois du 30 décembre 1754 ;

d) l'ordonnance du Conseil provincial du 25 février 1775 sur la conservation des genêts ;

e) l'ordonnance du Conseil provincial du 22 juillet 1775 défendant de cueillir dans les bois des fruits quelconques ;

f) le décret du 24 juillet 1779 concernant la glanée et le pâturage dans les bois ;

g) l'ordonnance du 6 février 1784 sur la conservation des jardins, haies, enclos ;

h) l'ordonnance du 9 mars 1789 concernant la vente des portions de bois de chauffage ;

i) le décret des 15-29 septembre 1791 sur l'administration forestière ;

j) le décret du 28 septembre au 6 octobre 1791 concernant les biens et usages et la police rurale ;

k) l'ordonnance royale grand-ducale modifiée du 1^{er} juin 1840 concernant l'organisation de la partie forestière ;

l) l'ordonnance royale grand-ducale du 6 juillet 1843, N^o 1529, concernant la vente sur pied des coupes de bois domaniales et communales ;

m) la loi forestière modifiée du 14 novembre 1849 ;

n) la loi modifiée du 12 mai 1905 concernant le défrichement des propriétés boisées ;

o) la loi modifiée du 7 avril 1909 concernant la réorganisation de l'Administration des eaux et forêts ;

p) la loi modifiée du 8 octobre 1920 concernant l'aménagement des bois administrés ;

q) la loi modifiée du 30 janvier 1951 ayant pour objet la protection des bois ;

r) la loi modifiée du 29 juin 1972 concernant la commercialisation de bois bruts classés C.E.E.

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7255 iwwert d'Aféiere vun engem legale Kader fir d'Bëscher. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gusti Graas, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Hären, Madamm Ministesch, een Drëttel vum Territoire vum Lëtzebuurger Land ass Bësch an domat immens wichteg fir onst Liewen, sief et fir beim Spadséieren oder Vëlofuere ofzeschalten, als wichteg Liewensraum fir Déieren a Planzen an d'Biodiversitéit, als CO₂-Späicher fir géint d'Klimakris, fir de Buedem an d'Waasser ze schützen an natierlech och fir Holz ze liiwere fir ze bauen.

Mee grad beim Thema Bësch si mir och beim Generatiounsvertrag: Wat mir haut am Bësch maachen, dovunner hu virun allem ons Kanner a Kandskanner eppen.

D'Iddi vun der Nohaltegkeet kënnt jo och aus der Forstwirtschaft, virop vum Hans Carl von Carlowitz, aus dem 17. Joerhonnert. An där Zäit war Holz ee vun de wichtegste Rostoffer, dee souwuel fir d'Bauen, Hëtzen, Kache wéi och fir Produktiounsprozesser benotzt ginn ass. An där Zäit waren d'Bëscher an Europa iwwernotzt an zu wäiten Deeler ofgeholzt. De Carl von Carlowitz huet deemools schonn erkannt, dass d'iwwermooßeg Rodung vu Bëscher d'Existenzgrondlag vu ganze Regiouen a Gefor bruecht huet.

Viru méi wéi 300 Joer also huet hien derfir plädéiert, dass déi Räich d'Verméigen net a grouss Haiser a Palaise sollten investéieren, mee a Beem, well hir Nokommen dovunner vill méi hätten. Hien huet sech fir eng nohalteger Forstwirtschaft ausgeswat, duerch déi een de Bësch als Ressource och fir déi nächst Generatiounen kéint erhalen. A genau dee Prinzip, de Prinzip vun enger nohalterger Gestiou vum Bësch als e Vertrag tëscht de Generatiounen, hale mir haut och fir Lëtzebuerg mam neie Bëschgesetz fest.

Mam Gesetzesprojet 7255 kréie mir een eenzegt Gesetz fir déi 90.000 ha Territoire Bësch. Mir abrogiere ganzer 18 Gesetzer, déi zum Deel op d'17. Joerhonnert zréckginn, a ginn ons e generellen, robusten a kohärente Kader fir alleguerten ons Bëscher.

Et geet drëms, all déi verschide Funktiounen vum Bësch – sozial, ökologesch, ökonomesch – ënner een Hutt ze kréien, egal ob et sech ëm e privaten oder ëm en ëffentleche Bësch handelt, och wann d'Gestiounsoplagen am ëffentleche Bësch méi wäit ginn. Och den Accès an d'Bëscher gëtt kloer gereegelt a viles administrativ vereinfacht.

Här President, Dir Dammen an Hären, virdeem ech op den Detail vum Gesetz aginn, erlaabt mer, Iech e puer Eckpunkte vun onsem Bësch ze ginn. Ons Bëscher si gréisstendeels an engem naturnoen Zoustand. Zwee Drëttel si Lafbëscher an een Drëttel ass Nolebësch, woubäi d'Buchen, d'Eechen an d'Fichten dominéieren. Zwee Drëttel vun onse Bëscher sinn national respektiv europäesch geschützt. 52 % vun onse Bëscher sinn an den Hänn vu 14.000 Privatproprietären, déi an der Moyenne 3,5 ha besëtzen, 34 % sinn a Gemeinhand an 13 % a Staatshand.

Den Zoustand vum Bësch degradéiert sech iwwerdeems op d'mannst zënter dem éischten Inventaire

viru knapp 40 Joer, dat weinst der Verschmutzung vun der Loft a weinst der Äerderwärmung. 62 % vum Bësch sinn daitlech beschiedegt, 23 % lichter a just 15 % net. Duerch d'Drëchten duerch d'Klimakris acceleréiert sech de schlechten Zoustand vun onse Bëscher, awer den Drock kënnt och duerch d'Urbaniséierung, d'Aktivitéitszonen, d'Stroossen a Kommunikatiounsprojeten.

Dobäi sinn ons Bëscher, wéi gesot, esou wichteg fir ons all: ökologesch als groussen CO₂-Späicher, wat wichteg géint d'Klimakris ass, als Loffilter, fir de Schutz vun onse Biedem, als Quell fir onst Grondwaasser, als Preventioun virun der Erosioun, weinst hirem sozialen a kulturelle Rôle, fir ofzeschalten, spadséieren ze goen a Sport ze maachen. 85 % vun de Bëscher sinn op 1,5 km vun de Wunngebiddere wech a 26 % vun de Bëscher hunn och e Wee, deen derduerchgeet. Bis ewell war d'Recht, fir an de Bësch ze goen, awer net kloer gereegelt, wat och zu Problemer gefouert huet, wat déi zivill Responsabilitéit ugeet.

An op wirtschaftlech Plang ass de Bësch mat dem Holz jo eng Source fir Baumaterialien oder erneierbar Energien. Zu Lëtzebuerg schaffen an deem Secteur 1.300 Entrepreneuren, déi 20.000 Leit beschäftegen. Mir hunn och 2016 de Luxembourg Wood Cluster geschaf als Plattform, fir déi ganz Filière vun Holz ze promouvéieren. An ech denken heibäi natierlech och un de Camille Gira, dee sech staark fir dëse Projet engagéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Hären, komme mer dann zu den Neierunge respektiv de Changementer, déi duerch dat neit Bëschgesetz kommen. Duerch déi nei Legislatioun gëtt d'Konzept vun der nohalterger Bëschgestioun an d'Gesetz geschriwwen, fir dass de Bësch also den ökologeschen, ökonomeschen a soziale Funktiounen gradewéi och den zukünftigen Eerausforderunge gerecht gëtt.

De Bësch kritt elo eng Definitioun, nämlech en Terrain vun op d'mannst 25 Ar, deen aus enger komponierter Planzeformatioun mat Kroune besteet vun op d'mannst 20 % Bamaarten, déi ausgewuess op d'mannst fénnef Meter hunn. Da gëtt d'Konzept vun der nohalterger, vun der naturnoer Forstwirtschaft definiert als Techniken, déi e Maximum op déi natierlech Prozesser vum Ökosystem setzen. Notamment déi ëffentlech Bëscher ginn no deem Prinzip geëiert.

Da ginn d'Rechter an d'Responsabilitéite vun de Foussgänger, de Cyclisten an de Chauffeure vu Gefierer am Bësch gekläert. Fir déi sozial Funktioun vum Bësch ze garantéieren, gëtt d'Gesetz den Droit d'accès an déi ëffentlech wéi och an d'privat Bëscher op de Bëschweeër. Heibäi handelt et sech net ëm eng Klengegkeet, mee ëm e richteg Paradigmewiessel. An dat sinn net meng Wieder, mee dat sinn d'Wieder vum Staatsrot am éischten Avis zu dësem Gesetz.

Bis ewell hat eng Persoun formell gesinn net d'Recht, fir an de Bësch ze goen, ouni d'Autorisatioun vum Proprietär, fir dohin ze goen. Rechtlech gesi gëtt et nämlech keen Ennerscheid tëscht engem Gaart hannert dem Haus an engem Bësch, deen engem gehéiert. Natierlech sinn d'Leit schonn ëmmer an de Bësch gaangen, fir spadséieren ze goen an esou weider. Den Accès vum Drëtten op de Privatterrain am Bësch gouf also duerchaus toleréiert. Vläch wësse ganz vill Leit emol iwwerhaupt net, dass si op Privatterrain ënnerwee sinn, wa si selwer net grad Bëschbesëtzerin oder Bëschbesëtzer sinn. De sprangende Punkt ass awer: Den Accès an de Bësch war bis elo kee Recht an e Proprietär hätt weinst sengem Droit de propriété dem Public den Accès a säi Bësch kënne refuséieren.

Mat dësem Gesetz gi mir dem Public also dat Recht op Accès an de Bësch a grenzen d'Propriététsrecht op deem Punkt an. Mir ginn de Biergerinnen a Bierger d'Recht, fir an e private Bësch, op de Weeër a Paden ze goen, a mir schreiwen esou déi sozial Funktioun vum Bësch am Gesetz fest.

Op där anerer Säit muss de Public, deen den Accès an de Bësch garantéiert kritt, och den inhärente Risk vun engem Accident am Bësch a Kaf huelen. Bis elo huet den normale Code civil fir déi privat Propriétaire gespillt. Elo gëtt e spezielle Regime geschaf, wou de Visiteur d'Responsabilitéit vum private Propriétaire just engagéiere kann, wann deem säi Feeler och wierklech noweisbar ass.

Nieft dem Droit d'accès gi mir de Leit mat dësem Gesetz awer och zousätzlech nach d'Recht, fir kleng Quantitéiten u Produiten aus dem Bësch fir eege Besoinen erauszuhuelen. Ech schwätzen hei vu Friichten, Geeseems, Champignons an esou weider. Natierlech gëllt dat net fir Aarten, déi geschützt sinn! Och hei gräife mir erëm an d'Propriététsrecht an. Mir ginn de Biergerinnen a Bierger d'Recht op d'Recolte, eppes, wat bis haut just toleréiert war.

De Gesetzesprojet hält dann och fest, dass d'Zirkulatioun vu Gefierer am Bësch generell net erlaabt ass, ausser et handelt sech ëm eng Voie publique. Hei gëtt et natierlech eng Ausnam fir d'Besëtzerinnen an d'Besëtzer selwer respektiv d'Leit, déi vun hinnen autoriséiert goufen. Si dierfen op de Weeër zirkuléieren, dat fir spezifesch Zwecker wéi forst- a landwirtschaftlech Grënn respektiv den Naturschutz, d'Juegd oder d'Imkerei, oder och, wann eng Naturschutzautorisation an deem Sënn erdeelt gouf.

En aktuell Thema am Summer elo: Fir de Bësch besser géint Bränn ze schützen, reegelt d'Gesetz, dass de Public kee Feier am Bësch däerf maachen, ausser op deene Plazen, déi speziell duerfir amenagéiert sinn.

D'Gesetz setzt och eng Partie Prinzipien a Reegele fest, wat d'Gestioun vun de Bëscher ugeet. Grad a puncto Privatbëscher ass hei e grouss Changement, well et an deem Beräich bis elo keen uniformt Reegelerwierk gouf.

D'Gestioun vum Bësch muss also no der nohalteger Forstwirtschaft gemaach ginn. Duerfir muss all Coupe vun iwwer 40 m³ gemellt ginn, och mat der Information, wat stoe bleift, fir dass déi natierlech Erneuerung och garantéiert ass. Méi héich Coupe si just ënner gewëssene Bedingungen, zum Beispill aus sanitäre Grënn, autorisabel. Heimadder grenze mir d'Praxis vum groussflächege Kalschlag an, eng Praxis, déi immens schlecht Auswirkungen op d'Resilienz vun eise Bëscher huet, well een domat d'Klima bannen am Bësch zerstéiert, mee och de Buedem verschlechtert an domadder d'Grundwaasser.

Fir de Bestand vum Bësch an der Biodiversitéit ze garantéieren, sinn am Gesetz och Reegele fir d'Regeneratioun virgesinn. Sou muss no enger Coupe spéitstens dräi Joer nom Hae mat der Beplanung ugefaange ginn, wann d'Regeneratioun sech nach net natierlech installéiert huet. Bei der Beplanung müssen op d'mannst d'Hallschent vun den Aarten dem Katalog aus dem Règlement grand-ducal entspriechen, dee festleet, wat fir eng Zorten och fir de Standuert an d'Klima ugepasst sinn. D'Upassung ass besonnesch wichteg an Zäite vun der Klimakris. Gemanipuléiert Aarte sinn iwwregens verbueden, gradewéi en Nolebësch op enger Plaz unzeplanzen, wou ëmmer e Lafbësch war, et sief, et hätt een eng Autorisation vum Minister.

Drainage, Pestiziden an d'Düngung gradewéi d'Eraushuele vun ze vill Biomass oder engem ganze Bam

sinn net erlaabt gradewéi och d'Beweedung an d'Roudung mat lafendem Feier.

Da verankere mer mam neie Bëschgesetz och den nationale Bëschinventaire, wou allegueren déi relevant Informatiounen fir de Staat, fir eng nohaltege Bëschgestioun ze garantéieren, dra sinn, zum Beispill Informatiounen iwwer de Bestand, d'Gesondheet, d'Biodiversitéit an de Bëscher.

Mir ginn ons awer och eng Base légale, fir dass de Staat Subventiounen fir eng nohaltege Bëschgestioun, Recherche oder nach Aiden no enger Naturkatastroph ka ginn.

Schliisslech gëtt e Conseil supérieur vun de Bëscher geschaf. Hie beréit d'Regierung, andeems e Propositionen fir den zoustännegen Minister ausschafft, op deem seng Demande hin oder op eegen Initiativ. De Conseil supérieur vun de Bëscher soll eng participativ Plattform sinn, fir all déi Concernéiert anzubannen. Am Conseil supérieur vun de Bëscher si Verrieder a Verriederinnen vum Ministère, deen de Bësch a seng Kompetenzen huet, der Verwaltung, déi sech ëm d'Bëscher këmmert, der Waasserverwaltung, de privaten an den öffentliche Bëschbesëtzer, den Umweltorganisatiounen, den Associatiounen, déi sech ëm d'sozial a rekreativ Funktiounen vum Bësch këmmere, Verrieder aus der Filière vum Holz, der Fuerschung, der Formation professionnelle gradewéi och vun de Jeeër.

Wéi och scho gesot, gëtt et am Bëschgesetz speziell Reegelen an den öffentliche Bëscher, déi méi wäit gi wéi an de private Bëscher. Esou müssen zum Beispill op d'mannst 5 % vun enger Propriétéit vun iwwer 100 ha sech komplett selwer iwwerlosse ginn, Biotopebeem erhale bleiwen, Bëschränner mat Strukturelementer erhale bleiwe respektiv geschafte ginn, speziell Mesuren an den Natura-2000-Gebidder an och fir seele respektiv bedroten Aarten aus dem Liewensraum Bësch geholl ginn oder nach Mesuren, fir d'ökologesche Konnektivitéit ze förderen. All d'Modalitéiten an d'Dispositionen fir d'Planung an d'Gestioun vum öffentliche Bësch ginn och an dem Text définiert.

Schliisslech féiert d'Bëschgesetz Avertissements taxés a Sanktiounen an an hieft d'Strofe fir Recidive respektiv Infractionen, déi an der Nuecht geschéien.

Här President, Dir Dammen an Hären, et ass bal fënnel an en halleft Joer hier, dass déi deemoleg Umweltministesch Carole Dieschbourg de Gesetzesprojet vun engem komplett neie Bëschgesetz fir Lëtzebuerg virgeluecht huet, nämlech den 28. Februar 2018. Vun dëser Plaz wëll ech hir nach eemol perséinlech Merci soe fir hiren onermiddlechen Asaz och an dësem Dossier.

Plusieurs voix | Très bien!

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Knapp dräi Joer hu mir dunn op den Avis vum Staatsrot gewaart, dee mer schliisslech den 19. Dezember 2020 kruten. Déi héich Kierperschaft constatéiert, wéi gesot, e Paradigmewiessel op enger Partie Punkten, zum Beispill, wat eenheetlech Reegele fir déi privat an déi öffentliche Bëscher ugeet, d'Integratioun vun de verschiddene Funktiounen an och de garantéierten Accès, deen en als proportionéiert consideréiert.

De Staatsrot mécht eng Partie Opposition-formelléi wéinst juristeschen Unsécherheeten, notament um Niveau vun den Definitionen, a werft och Inkohärenze mat anere Gesetzer op, notament dem Naturschutzgesetz. Bei de Sanktiounen hätt de Staatsrot gär méi Präzisiounen an e stéiert sech un enger Partie reglementaresche Pouvoir fir de Minister oder d'Agente vun der Verwaltung. Schlussendlech opposéiert de Staatsrot sech nach wéinst verschiddenen

Dispositionen, déi Matière réservée à la loi wären an dofir missten an d'Gesetz stoe kommen oder fale gelooss ginn.

Am Mee 2021 dunn hu mir a véier Sitzungen intensiv um Gesetz geschafft. No der Presentatioun vum Text si mer duerch déi sellegen Avisen gaangen an hunn och eng éischt Serie vu parlamentareschen Amendementer ugeholl. Ee Joer drop, den 31. Mee, krute mer dunn den Avis complémentaire vum Staatsrot. Am Virfeld dovun hat d'Kommissioun iwwregens eng Entrevue mam Staatsrot op hir Demande hin. An dësem zweeten Avis zum Bëschgesetz huet déi héich Kierperschaft eng Partie formell Oppositionen fale gelooss. Si fret awer nach eng Partie Präzisiounen respektiv huet op Problemer mat Bezuch op d'Hiérarchie des normes higewisen.

Am September 2022 hu mir dunn an zwou weidere Sitzungen den Avis gradewéi och der CSV hir Amendementer analyséiert a weider parlamentaresch Amendementer adoptéiert, déi mer de 16. März nach eemol ugepasst hunn, nodeems de Staatsrot drop higewisen huet, dass den Texte coordonné an d'Amendementer net ganz iwwerteneegestëmmt hunn.

Am zweeten complementairen Avis vu Mëtt Mee ass just nach eng Opposition formelle iwwregbliwwen, wou mir d'Textpropos dunn iwwerholl hunn. Et ass hei drëms gaangen, dass d'ANF responsabel ass fir d'Vente vum Holz aus den öffentliche Bëscher, dat am Accord vun dem Propriétaire. Nodeems de Staatsrot a sengem drëtten complementairen Avis Mëtt Juni Gréng Luucht ginn huet, konnt mäi schrëftleche Rapport de Méindeg ugeholl ginn.

Gradewéi ech virduen net allegueren d'Dispositionen aus dem laange Gesetz mat am Ganzen 38 Artikelen konnt virdoen, sou kann ech elo och net hei all d'Avisen mündlech presentéieren a verweisen dofir op mäi schrëftleche Rapport.

Nieft den offizielle parlamentareschen Avisen, déi allegueren begrëissen, dass mer elo en eenheetlech Bëschgesetz kréien, gouf et iwwregens nach eng ganz Partie aner Stellungnamen zu dësem Gesetz, notament vun de Privatbëschbesëtzer, der Chambre d'Agriculture an der Fédération luxembourgeoise des sports équestres, fir just déi ze nennen. D'Handelskummer, den OAI an d'Staatsbeamtekummer weisen an hiren Avisen op de Stellwäert vun der Bëschwirtschaft hin. An de Syvicol huet an dëser Matière méi Pouvoir fir d'Gemenge gefrot.

Ech wëll dann nach ënnersträichen, dass mir zäitgläich mat der Analys vun dem Avis complémentaire vum Staatsrot och d'Propose fir d'Amendementer vun der CSV duergaange sinn, déi mir och zum Deel zréckbehalen hunn.

Et sief och bemierkt, dass scho virum Depot vum Projet de loi breet fir dëst Gesetz consultéiert ginn ass, notament mat engem Débat de consultation den 10. März 2016 hei an der Chamber, wéi och an der Phas duerno mat allen Acteurs vum Terrain, vun de Fierschter iwwer d'Privatbëschbesëtzer bis zum Mouvement écologique, fir just déi ze nennen. An ech wëll allegueren de Bedeelegten, déi u sech bäigedroen hunn zu dësem Gesetz, vun dëser Plaz nach eng Kéier villmools Merci soen, gradewéi generell fir hiren Asaz fir ons Bëscher.

Här President, Dir Dammen an Hären, de Bësch ass e Generatiounevertrag. D'Beem, déi mir haut planzen, brauche Joerzéngegen a souguer méi laang, bis si da ganz ausgewuess sinn. D'Gestioun, de Schutz an d'Bewirtschaftung, déi mir haut an eise Bëscher maachen, déngen deemno virun allem de Generatiounen, déi no ons kommen.

Une voix | Très bien!

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Haut stëmme mer an der Chamber en neit Bëschgesetz, dat eis eng modern Rumm gëtt justement fir dëse Generatiounsvertrag. Heimat ersetze mer zum Deel Joerhonnerten al Bestëmmungen a stäerken ons immens Lëtzebuerger Bëscher. Mir ginn de Leit hei am Land d'Recht, an de Bësch ze goen, eppes, wat bis elo just toleréiert war, a verankeren déi sozial Funktioun vum Bësch domadder am Gesetz.

Une voix | Très bien!

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Mir ginn dem Staat an de Gemengen eng ganz besonnesch Verantwortung, wann et ëm d'Schafe vun engem aarteräichen a liewege Bësch geet. Mir sueren och dofir, dass déi kleng Beem, déi mer haut planzen, gutt un hire Standuert an un d'Klima ugepasst sinn, esoudass si staark Beem ginn, vun deenen och nach an honnert Joer ons Kanner a Kandskanner an de gesamten Ökosystem profitéiere kënnen.

Une voix | Très bien!

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | An deem Sënn ginn ech och ganz gären elo schonn den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech alleguer villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur François Benoy.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Hansen (CSV) | Merci, Här President, an e grouse Merci un den Här Rapporteur. Et war definitiv ausféierlech, ech brauch also op den Inhalt selwer net méi ganz vill anzegoen. Ech wëll awer mat e puer Zuelen ufänken: Wéi gesot, 36 % vun eiser Landesfläch Bësch, dat sinn 90.000 ha. An ech wëll elo just soen, dass dee Bësch hei zu Lëtzebuerg net ofgehoill huet: Ech hunn eng Zuel fonnt vun 1907, do hate mer nëmmen 83.400 ha. Dat heescht, de Bësch huet u sech éischter zougehoill zu Lëtzebuerg, wat och normal ass.

Ech wunnen an esou engem Duerf, do sinn Häng ronderëm. Fréier stoungen do Kéi oder Schof oder Geessen. Elo steet näischt esou méi do. Dat verbuscht dann no an no an dat ass u sech a verschiddenen alpine Géigende souguer e Problem.

Also, wéi gesot, bei eis huet de Bësch elo net direkt ofgehoill. Mir hunn am Éislek souguer 42 % vun der Fläch, wou Bësch ass. Do hu mer es also relativ vill. Wa mir awer heiansdo „am Bësch“ sinn, dann ass dat wuertwärtlech esou an net soss iergendwéi gemengt!

64 % vun der Bëschfläch sinn och als Biotop geschützt. An da muss ee sech froen, wien de Bësch gehéiert, well ech mengen, dat muss een awer an engem Gesetz berücksichtegen: 34 % sinn a Gemengenhand, dat ass also ganz vill, 13 % nëmme beim Staat, 1 % beim Établissement public. An dann, dee groussen Undeel vun de Bëscher gehéiert de Privatleit, dat sinn 52 %. A wann ech dann déi Bëscher kucken, déi de Privatleit gehéieren, do sinn u sech 67 % vun de Besëttemer manner wéi dräi Hektar. Mir hunn also ganz vill Klengbëschbesëtzer an duerfir huet och d'Vereenegung vun de Privatbëschbesëtzer u sech eng extreem wichteg Aufgab, fir dës Klengbëschbesëtzer ze informéieren. An als CSV wënsche mer eis allgemeng, dass mer net esou legiferéieren, dass dee kleng Privatbëschbesëtzer u

sech vu lauter Beem de Bësch net méi gesäit. An ech si mer net sécher, ob mer dat mat dësem Gesetz elo hirkéien.

De Bësch erfëllt vill Funktiounen, dat huet den Här Benoy och gesot. U sech kucke mer dat ëmmer am Sënn vun der Nohaltegkeet. En huet ökologesch Funktiounen, en ass Liewensraum fir Planzen, en ass fir Déiere Liewensraum, en ass Loftfilter, e bënnt CO₂, Erosiounsschutz. En huet awer och eng ökonomesch Funktioun – Holz ass e ganz wichtige Rostoff – an eng sozial, wéi gesot, Aarbechtsplaz fir vill Mënschen, an eppes, wouvu während Covid, mengen ech, vill Leit profitéiert hunn: eeben en Erhuelungsraum fir vill Mënschen. A fir eis als CSV ass et extreem wichtig, fir déi nohalteg Entwécklung vum Bësch ofzesécheren, eebe mat deenen dräi Komponente vum Nohaltegkeetsdräieck am Gläichgewicht.

An ech soen et och direkt: Den urspréngleche Projet de loi, dat war eng zimmlech Katastroph an e war och weeder vun de Privatbëschbesëtzer nach vun de Gemenge gedroe ginn! A wann ech déi zwee zesumme kucken, da gehéieren deenen awer 86 % vum Bësch, an ech mengen nach ëmmer: Bei engem Gesetz muss een awer och op déi Leit lauschteren, déi herno müssen domadder schaffen! Et konnt also net esou duerchgoen.

Mir hunn duerno eng Partie Amendementer proposéiert. De Staatsrot huet natierlech och e ganze Koup Remarque gemaach. An ech wëll awer ..., den Här François Benoy huet zwar gesot, d'Amendementer wiere gekuckt ginn, mee ech soen awer, déi Aart a Weis – an ech hat mech deemools och opgereegt an ech muss mech nach ëmmer e bëssen opreegen –, déi Aart a Weis, wéi awer do vun der Majoritéit mat awer enger konstruktiver Aarbecht ëmgaange ginn ass, fannen ech net richtig!

Ech erkläre mech: De 6. Mee hu mer e Bréif gemaach mat Amendementer. Dann ass et u sech dat Normaalst vun der Welt, dass déi Amendementer op den Ordre du jour kommen, well meeschtens kréie mir jo gesot: „Dir sidd ze spéit, elo ass de Staatsrot amgaang.“ De Staatsrot hat een Text a mir wollten Amendementer maachen. Do ass awer näischt geschitt. Dunn hu mer den 30. Mee e Rappel gemaach. Et ass nach ëmmer näischt geschitt, bis den 19. September. An den 19. September stounge se och net um Ordre du jour, et stoung einfach „continuation des travaux“ do, well den 19. September krute mer en Dokument ausgedeeelt vum Ministère, wou am Prinzip dann och eng Kolonn mat eisen Amendementer dra war, wou mer dann erkläert kruten, wat mat eisen Amendementer géif gemaach ginn.

Ech fanne wierklech, Här President, dass dat net dee richtigen Émgang ass mat enger konstruktiver Aarbecht vun der Oppositioun a virun allem och a puncto Transparenz no baussen, well esou gëtt einfach d'Aarbecht vun der Oppositioun verstoppt!

Ech kommen awer erëm bei den Inhalt. Wéi gesot, ech hu gesot, et war eng zimmlech Katastroph an et ass weesentlech verbessert ginn. Dat begrësse mer jo natierlech och. An deem ale Gesetz wär et zum Beispill net méi méiglech gewiescht, dass d'Bauern, déi kleng Flächen am Bësch haten, do och hätte kënnen Béischten dohinnersetzen. Dat wär eng Enteengung gewiescht u sech. Dat ass ëmgeännert ginn.

Et war an deem ale Gesetz oder Gesetzesentwurf en Opruff gemaach ginn no „grénger Sheriffen“ – ech nenne se emol esou –, wou jiddwereen hätt kënnen en Opruff maachen, fir u sech e Chantier de coupe provisoersch zouzemaachen. Dat huet u sech e bëssen d'Philosophie vum Text gewisen. Mir hunn do en

Amendement gemaach an dat ass och gottseidank ugehoill ginn.

Et hätt och am ursprénglechen Text u sech kee motoriséiert Gefier méi dierfen an de Bësch fueren, ausser eebe fir landwirtschaftlech, forstwirtschaftlech Aktivitéiten, fir d'Jeeër an esou weider. Do koum eng Ännerung. Bei där Ännerung hunn ech och nach e puer Froen. Ech ginn herno nach drop an.

Fir eis ass et, wéi gesot, wichtig, dass den Equiliber am Nohaltegkeetsdräieck hiergestallt gëtt. En ass et nach net komplett, mee en ass et awer schonn e bësse méi wéi virun.

Duerfir wëll ech och allgemeng soen, dass muss akzeptéiert ginn, dass heiansdo an engem Bësch Beem gefällt ginn, dass d'Verjüngung vum Bësch wichtig ass, dass Nolebeem net onbedéngt verdäiwelt ginn. Op ugepasste Standuerter an a Mëschbestänn ass Nolenholz zum Deel extreem wichtig. Douglasien, Fichte kënnen méi CO₂ späichere wéi d'Buchen. Dëst Holz ka regional verschafft ginn. Et muss net wäit transportéiert ginn. D'Buchen exportéiere mer heiansdo extreem wäit, dat ass och net onbedéngt nohalteg.

An den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils verweist och a sengem Avis drop, dass d'Reduktioun vun den Nolenhëlzer a Kontradiktioun ass mat der Volontéit, fir den Holzbau ze fërderen – an do d'Stéchwuert Wood Cluster a Luxinnovation. Och d'Chambre de Commerce seet dat u sech, vläicht nach e bësse méi fein. Si soen, et kéint een drun zweifele loosse, dass d'Entwécklung vun der Économie forestière gewënscht ass. Als CSV soe mer hei kloer, och d'Économie forestière gehéiert zur Nohaltegkeet, et ass eng Sail. A mir hätten eis u sech gewënscht, dass dat aus dem Text méi kloer ervirgaange wär.

Wat awer elo definitiv gutt ass an dësem Text, an och dat ass gesot ginn, dass ass, dass déi vill verschidde Gesetzestexter an engem Text regroupéiert gi sinn. D'Bäihëlfe, déi iwwer de Règlement grand-ducal gereegelt sinn, begrësse mer och.

Eppes, wat mer wierklech explizitt begrëissen, ass och hei de Recours en réformation. Ech sinn och ganz frou, dass en hei dragesat gëtt, mee ech sinn awer u sech nach duebel enttäuscht, dass en nach ëmmer net an d'Naturschutzgesetz drakënnt. Mir hunn dee schonn e puermol gefrot gehat. Do hu mer erkläert kritt, dass wär aus politescher Siicht net erwënscht. Dat fanne mer nach ëmmer extreem traureg. Dat ass dann eebe gréng politesch Siicht, awer och mat Ënnerstützung vu Blo a Rout. Mir halen do als CSV eis Fuerderung oprecht, dass dee Recours en réformation, mat deem mer dem Bierger méi Rechter ginn, och beim Naturschutz soll gëllen.

Dann hate mer en Amendement gemaach, fir dass Bëschbesëtzer, déi méi wéi 20 ha hunn, net onbedéngt müssen en Document de planification forestière maachen, an deen ass ugehoill ginn. Do si mer frou, dass deen ugehoill ginn ass, well dës Virschreften u sech net ze kontrolléiere gewiescht wäeren. An op där anerer Säit, wann ee gären eng Bäihëlfe hätt, da muss een dat souwisou maachen. An dee Prinzip, deen hätte mer u sech vill léiwer gehat. Mir hätte vill léiwer gehat, dass dat méi dacks am Gesetz komm wier, dass ee géif positiv ënnerstützen amplaz verbidde oder virschreiwene.

Wat ass awer an eisen Aen nach ëmmer vill ze restriktiv respektiv praxisontauglech? Dat si verschidde Punkten. Éischstens emol verschidden Notifikatiounen un de Ministère, wéi zum Beispill déi Notifikatioun, dass wann een eng Coupe vu méi wéi 40 m³ mécht, da muss innerhalb vun zwee Deeg dat un de Ministère notifiéieren. 40 m³, do ass emol keng

Prezisioun, ob dat pro Hektar ass, pro Bestand, pro Joer. Do steet näischt dran, einfach nëmme 40 m³!

D'Leit aus der Praxis soen: „Dat ass net ze maachen!“ D'Fierschtere soen: „Dat ass onrealistes!“ Mee awer gëtt hei net op d'Praxis gelauschert. Dat fanne mer net richtig, well wann et onrealistes ass, da kann et jo net gemaach ginn. Also firwat net einfach, wann et wierklech drëm geet, Statistiken ze maachen, well esou krute mer et zum Deel erkläert, wann et also drëm geet, Statistiken ze maachen, firwat loosst Der net méi e laangen Delai, fir datt d'Leit dat och tatsächlech kënne maachen?

En zweete Punkt: Virschreften, wat däerf ugeplant ginn. Och hei froe mer eis: Firwat schreiwe mer vir a schafen net e positiven Ureiz? Mir hätte kënne zum Beispill déi Virschreift hei och koppelen un d'Bäihëllef. Et hätt ee kënne soen: „Dir kritt nëmme eng Bäihëllef, wann Der nei uplanzt, wann Der esou vill Prozent vun Äre Beem ënnert deenen do Planzen eraussicht.“ Well, an ech mengen, dat ka keen heibanne behaapten, keen huet am Moment d'Weisheet gepacht, wat an Zukunft opgrond vum Klimawandel gutt ass a wat richtig wär u sech fir ze planzen.

En anere Punkt ass den Accès an de Bësch. Ech hu gesot, deen ass scho verbessert ginn. Ech ginn och elo net an op d'Virschreift, datt ..., mir därefer jo dann nach Molbier plécken a Champignone plécken. Reng theoreetesche mussen mer awer um Wee bleiwen. Ech gesinn ëmmer meng Mamm, déi ass 1,60 m grouss, ech gesi se dann, wa se sech géif iwwert de Wee leeën am Bësch an da Molbier plécken. Mee wéi gesot, si kann dragoen, et ass zwar net erlaabt, datt se drageet, mee et ass awer och keng Strofdot. Also ech ginn net dorop an.

Awer den Accès an de Bësch mam motoriséierte Gefier. Do steet dran, an dat huet den Här Benoy och gesot: „L'accès aux forêts moyennant un véhicule automoteur est interdit en dehors des voies publiques.“ Da kënnt eng Ausnam iwwert d'Naturschutzgesetz nach, do kann een nach iwwert de Ministère eng Ausnam ufroen. Hei steet elo: „est interdit en dehors des voies publiques.“ Am Naturschutzgesetz steet awer: „uniquement autorisé sur des voies publiques goudronnées.“ Da froen ech mech einfach: Firwat huele mer net ... Wat ass et? Ass et dat eent? Ass et dat anert? A firwat huele mer net dat selwecht? Et mécht d'Leit duerjerneen, wa mer ënnerschiddlech Saachen hunn.

Wéi gesot, et steet och dran, datt Leit, déi elo net aus forstwirtschaftleche Grënn an de Bësch fueren – zum Beispill de Landjugenddag, mir haten dat gefrot, datt wär nämlech laut Bëschgesetz net méiglech gewiescht –, déi kënne eng Autorisatioun beim Ëmweltministerium froen, mee si mussen och eng vum Proprietär hunn.

Ech huelen elo d'Beispill vum Landjugenddag, oder et gi vill Beispiller: D'nächst Woch ass bei eis zu Kauneref eng Aweigung vum Përmesknupp. Do fueren d'Leit an eng Kapell an de Bësch. Déi Leit, déi guer net kënnen ze Fouss goen, déi gi mat engem Minibus dohinner gefouert. Sou, elo froen ech mech wierklech: Wie mussen déi do froen? Si mussen de Proprietär froen a si mussen de Ministère froen. Mee wéi e Proprietär froe se? Froe se de Proprietär vum Wee? Oder d'Proprietäre vun de Weeër bis datt se dohinnerkommen? Well déi gi jo net an de Bësch. Also fir mech ass et do och nach d'Fro, fir dat ze klarifiéieren. A wär net wierklech eng nach méi einfach a praktikabel Léisung méiglech gewiescht?

Beim Accès an de Bësch stellt sech natierlech ëmmer d'Fro vun der Responsabilitéit, wann eppes geschitt. A mir si fest dovunner iwwerzeegt, datt de Bësch soll

weiderhi seng sozial Roll iwwerhuelen. An dat mécht e jo och mat dësem Gesetz, eeben als Raum fir Fräizäitaktivitéiten an esou weider. Mee et muss awer esou gemaach ginn, datt de Bëschbesëtzer dann eeben net haftbar gemaach gëtt, wann eppes geschitt. D'Leit mussen hei hir Verantwortung selwer iwwerhuelen. An dat ass am Prinzipp och esou virgesinn. Nach ass et wichteg, well de Ministère zum Deel iwwert d'Naturschutzgesetz virschreift, datt een – wéi heesche se? – „arbres biotopes“ stoe léisst am Bësch, dat sinn u sech doudeg Beem, fir datt, wann eng geschitt doduerch, datt esou en doudege Bam ëmfällt, dann net de Bëschbesëtzer haftbar gemaach gëtt. Ech mengen, dat muss een ofsécheren, datt dat net d'Responsabilitéit vum Bëschbesëtzer ass.

Da kommen ech bei den ëffentleche Bësch. Hei geet et och ëm de Gemegebësch an domadder och ëm d'Nohaltegkeet. An zu der Nohaltegkeet gehéieren och erëm eng Kéier d'Finanzen an d'Forstwirtschaft.

Am Gesetz steet dran, de Gemegebësch misst no de Prinzipie vum enger nohalter Forstwirtschaft geréiert ginn – datt fanne mer gutt. Et steet awer och am Gesetz, e misst no de Prinzipie vum enger integréierter Forstwirtschaft geréiert ginn – ech mengen, dat ass zimmlech dat selwecht. An et steet awer och nach dran, datt e soll no de Prinzipie vum enger Forstwirtschaft „proche de la nature“ geréiert ginn. Dat ass, mengen ech, net méi grad de richtigen Equilibre dann am Nohaltegkeetsdräieck.

Fir deen dann awer erëm hierzestellen, wann d'Gemengen net därefer nohalter wirtschaften, fir den Equilibre erëm hierzestellen, missten d'Gemengen u sech op där anerer Säit eng Entschiedegung kréie fir déi zousätzlech ökologesch Leeschtungen, déi se erbréngen. Hei geet et nämlech och ëm d'Gemegefinanzen. A ganz dacks sinn dës erëm déi Gemengen, déi vill Flächen hunn, an déi Gemengen, déi bei der Leschter Gemegefinanzreform bei d'Lisett gelooss gi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet de loi ass weesentlech besser gi wéi e vun der Regierung erabruecht ginn ass. Fir eis als CSV ass et wichteg, an ech hunn et schonn e puermol gesot, datt den Nohaltegkeetsdräieck am Gläichgewicht ass, och am Bësch, an dës virun allem och bei de Privatbëschbesëtzer – et ass hir Propriétéit – an och am Hibléck op de Wood Cluster.

Des Weidere si mer géint eng Iwwerreglementéierung, wou déi kleng Bëschbesëtzer riskéieren, vu lauter Beem de Bësch net méi ze gesinn. An ech huelen hei en Zitat vum Här Winfried von Loë vun de Privatbëschbesëtzer, dat war de 14., 15. Januar dës Joer am „Lëtzebuerger Wort“. Hie schreift: „Wir regeln uns tot, die Naturverwaltung kann nicht alles kontrollieren – außer die Förster werden zu Waldpolizisten, die die korrekte Länge der zugeschnittenen Baumstämme nachmessen gehen.“ Dat wëlle mir als CSV net.

Duerfir deposéieren ech hei eng Motioun, wou mer d'Regierung opfuerderen, dës Gesetz ze préieren op seng Praxistauglechkeet, am Sënn vu manner Virschreften, méi positiven Ureizer, fir d'nohaltig Bewirtschaftung vun eise Bëscher ze garantéieren. A wa mer hei Ënnerstützung vun der Majoritéit kréien, wäerte mer dës Gesetz och matdroen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *saluant que le projet de loi 7255 sur les forêts tend à mettre en place un cadre légal général robuste et cohérent pour les forêts ;*

– *saluant que le présent projet de loi a été considérablement amélioré depuis son dépôt ;*

– *considérant qu'il est important que le triangle de la durabilité soit en équilibre, en particulier en ce qui concerne les forêts, qu'elles soient privées ou publiques, également dans la perspective du développement de notre Wood Cluster ;*

– *considérant qu'il faut éviter la surréglementation qui entrave surtout le travail des propriétaires forestiers privés, invite le Gouvernement*

– *à évaluer et, le cas échéant, à adapter le présent projet de loi deux ans après son entrée en vigueur quant à sa praticité et quant à son alignement général dans le sens d'une réduction des contraintes et d'une augmentation des incitations positives pour garantir ainsi une gestion durable de nos forêts.*

(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Félix Eischen, Octavie Modert, Jean-Paul Schaaf.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hansen. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas ageschriwwen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. „L'arbre est prière incessante adressée à l'univers pour attirer tous les bienfaits de la vie sur la terre“, dat huet de franséische Philosoph, Romancier an Ekologist Pierre Rabhi geschriwwen. Effektiv, vun engem Bam kënne ouni Zweifel magesch Kräften ausgoen. Ech hunn iwwregens dës flott Citatioun an och eng ganz Rei aner Informatiounen an dem Buch vum dem Paul Bleser fonnt, dem Paul Bleser, deen e Buch geschriwwen huet intituléiert: „L'arbre“. An en huet sech do mat ganz vill Leidenschaft och fir e Recht vum Bësch agesat. De Paul Bleser, fir déi, déi e vläicht net sollte kennen, war fréier Direkter vum Enregistrement.

30 % vun der Äerduewerfläch, dat si Bëscher. An ech mengen, de Wäert vun engem Bësch brauch hei net méi onbedéngt ënnerstrach ze ginn. En ass grouss Sauerstoffspender: Eng ausgewuesse Bich, eng Ech oder e Käschtebam bënnt am Joer ongeféier 100 kg Stëbs a liwwert bis zu véier Tonne Sauerstoff am Joer. De Bësch ass selbstverständlech och e gudde Refuge, fir Rou ze genéissen, a Liwwerant vun engem wichtege Réistoff. Holz ass e Produkt, wat Wäermt ausstraalt a wat jo net nëmme gebraucht gëtt, fir Miwwelen hierzestellen. A ville Gebailechkeete gëtt Holz genotzt. An net méi spët wéi d'lescht Woch hu mer jo nach e Projet de loi hei gestëmmt, deen de Bau vun engem Vélodrom zu Munnerf ubelaangt, an och do gëtt jo ganz vill Holz benotzt.

Duerfir kann een u sech de Wäert vun engem Bësch net héich genuch aschätzen. An trotzdeem muss ee leider feststellen, datt eis Bëscher och hei zu Lëtzebuerg net a beschter Gesondheet sinn. Ronn 62 % weisen éischer e schlechten Zoustand op. Si si krank oder souguer schwéier krank. Dat ass u sech eng inakzeptabel Situatioun an déi misst eis alleguer derzou animéieren, fir eis verstärkt fir d'Interesse vun de Bëscher anzesetzen.

Besonnenesch um internationalen Niveau ass d'Situatioun och ganz dramatesch. Ech wëll virun allem op den Amazonas hei hiweisen. Da sinn tëscht 2000 an 2017 3,4 Milliounen Quadratkilometer Bësch ëmgehae ginn op der ganzer Welt. Am schlëmmsten ass d'Situatioun a Brasilien, a Kanada, Russland, den USA an an Indonesien.

D'Klimakris wäert d'Situatioun ouni Zweifel nach verschäerfen. An duerfir ass et iergendwéi net novollzéibar, datt de Mënsch awer net méi Respekt vis-à-vis vun dem Bësch weist. Oft gëtt souguer de Bam

als stéierend duergestallt, wat och onverständlech ass, an éischter gëtt d'Motorsee erausgeholl wéi en neie Bam gesat. An heibanne sëtze jo och eng ganz Rei Gemengepolitikier – ech mengen, 44 sinn et der entre-temps –, an déi wësse jo: Wann eng Strooss nei amenagéiert gëtt, wou gëtt sech am meeschten dru gestéiert? Ma dat ass, wa Beem sollten dra gesat ginn. Et ass grad do, wou déi sensibelst Diskussionsounen entfacht ginn. An och dat seet jo ganz viles aus.

Et ass also evident, dass mer vehement Ustrengunge mussen maachen, fir eis Bëscher besser ze schützen. Dëst Gesetz ass ouni Zweifel eng ganz wichteg Etapp, och wann et vläicht net jiddwereen zefriddestellt.

De Bëscherbestand hei am Land ass, wéi gesot, nach relativ grouss. 35 % vun der gesamter Fläche si Bëscher. An trotzdem sinn och eng Rei Bëscher awer getrennt duerch Trassen, duerch Stroossen. Ech erënneren hei nach eng Kéier un d'Nordstrooss. Déi, déi schonn e bësselchen eeler sinn, wëssen, wat fir animéiert Diskussionsounen dat deemools waren. Och haut hu mer eng Rei Bëscher, déi duerchschnidde ginn, virun allem vun Zuchstrecken, déi geplangt sinn. Kompensatiounen sinn ëmmer virgesinn, dat ass och gutt esou, mee et ass mat Sécherheet net en Allheilmittel.

Et ass natierlech och net ëmmer einfach fir ofzeweisen, wat soll priméieren: déi landesplaneresch Zwäng oder de Schutz vun der Natur? An duerfir ass déi kruzial Fro natierlech och ze stellen: Wat ass iwwerhaapt e Bëscher? Eng Äntwert kréie mer jo och an deem Gesetz geliwwert, ënner anerem, dass scho 25 Ar mat mindestens 20 % Beem als Bëscher definéiert ginn. Dat ass u sech och de Beweis, dass och méi kleng Bëscher haut kënnen esou ausgewise ginn. Dat sinn da Mini-biotopen, mee déi awer ouni Zweifel och hir Wichtigkeit hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou eng Bewirtschaftung vun engem Bëscher ass natierlech eng ganz weesentlech Fro, déi och hei muss ouni Zweifel diskutéiert ginn. An da muss ee sech och d'Fro stellen: Wat ass d'Hierarchie vun engem Bëscher? An do muss een e gudden Equiliber fannen, engersäits d'Exploitation, wat reng deen ekonomeschen Aspekt ubelaangt, anerersäits awer och deen naturschützereschen Aspekt. Da si mer erëm ganz séier bei der Klimakris an dann dierf een natierlech, aus deem Bléckwénkel gekuckt, net nëmme reng de wirtschaflechen Aspekt vun engem Bëscher gesinn.

D'Aufgab muss eeben nieft där vun engem Holzliwwerant awer och déi ekologesch Missioun sinn, déi e Bëscher ze erfëllen huet. Duerfir begrësse mer als Demokratesch Partei, dass an deem Gesetz deen Term Nohaltegkeet awer ganz kloer verankert gëtt. An da gëtt den Akzent jo och verstärkt op eng natierlech Verjüngung geluecht. Dat ass och gutt esou, dass och richtig esou. Ech verweisen hei op den Artikel 9, deen zwar relativ komplizéiert ausgedréckt ass – heiansdo muss een dann de Meter mat an de Bëscher huelen –, mee wat virun allem wichtig ass, dass ass d'Missioun an och d'Aufgab, déi hei zréckbehalen ginn.

Ervirgehuewe gëtt natierlech och de motoriséierte Verkéier an de Bëscher. Jo, a priori huet dat näischt direkt an engem Bëscher verluer. Duerfir muss een och kucken: Wéi wäit kënnen mer an Zukunft Maschinnen ersetzen och duerch aner Moyenen, fir de Bëscher ze bewirtschaften? Ech denken natierlech hei virun allem u Pæerd. Dann dierf een och net vergiessen, dass de Bëscher e Biotop ass, wou u sech net dierfen Aktivitéiten stattfanne mat Maschinnen, mat Trakteren, mat anere Gefierer. Dat sief nëmme an äussersten Noutfäll erlaabt.

Wat een awer och ëmmer e bësselchen nodenklech mécht, wann een eenzel Bëscher gesäit: dass do

praktesch sougenannt Avenuen derduerch gezu ginn. Ech hunn deen Term elo bewosst vläicht provokativ genotzt, mee nach ëmmer mussen mer feststellen, dass do heiansdo awer ze vill den Akzent op d'Duerchquerung vu Bëscher geluecht gëtt op eng Manéier, wéi dat ouni Zweifel net misst sinn.

Natierlech dierf een net vergiessen, dass de Bëscher an éischter Linn och Holzliwwerant ass. An ech denken hei och drun, dass dat an Zukunft vläicht wäert méi verstärkt de Fall sinn, zum Beispill hu mer Holzhack-schnitzel-Feuerungsanlagen, déi och um Niveau vun de Gemengen ëmmer méi gebraucht ginn, an do si mer och op Nieweprodukter, kann ee soen, vum Holz ugewisen.

Fir vill Opreegung suergen natierlech och munchmol radikal Couppe. Eent vun deene leschte Beispiller dierf am Raum Buerschent de Fall gewiescht sinn. Sécher deet dat dem An net gutt, wann ee gesäit, wéi vun haut op muer op eemol einfach Aren an Aren ëmgeluecht ginn. Dat bréngt nohalteg Schied mat sech. Duerfir ass et och gutt, dass dat an deem Gesetz elo méi streng reglementéiert gëtt. Wann also an enger Period vu manner wéi sechs Joer am Prinzipp keng Coupe an direkter Proximitéit vun enger fréierer Coupe ka gemaach ginn, dann ass dat eppes, wat mir ouni Zweifel och begrëssen. Bon, dass elo schonn ab 40 m³ hei vun enger Coupe geschwat gëtt, doriwwer kann een natierlech awer och gedeelter Meinung sinn. An ech verweisen och hei op eng Ausso vun dem OAI, de seet, dass dat kéint zu enger Reduktioun vun der Holzproduktioun féieren.

Och den Amenagement vu Bëscherweeër – ech hat dat schonn hei ugeschnidden – muss an Zukunft op alle Fall vill méi sensibel gemaach ginn, och wat d'Spadséier- an d'Fitnessweeër ubelaangt. Sécher, ech mengen, den Esprit vun deem Gesetz ass hei jo, dass e soll méi accessibel fir jiddweree sinn. Dat begrësse mer och. Mee op där anerer Säit dierfe mer awer och net vergiessen, e Bëscher dierf net op eemol zu engem Park entarten. Also och do muss ee ganz virsiichteg sinn, wann een nei Spadséierweeër, nei Fitnessweeër amenagéiert.

Wat an Zukunft eng Gestiou ubelaangt, muss ee sech aus dem Bléckwénkel vun der Klimakris natierlech och d'Fro stellen: Wéi eng Espèce sinn an Zukunft éischter virzeéien? Nolebeem, ech mengen, do si mer eis alleguer eens, sollen net méi eng absolutt Prioritéit duerstellen, obwuel ee se och net vu virera ka komplett verdamen. Jiddefalls, Monokultur soll an engem Bëscher net méi d'Resultat si vun enger Verjüngung, mee éischter e Mëschbëscher. A wat mat Sécherheet och net onbedéngt virgesinn ass, dass, wéi gesot, eeben elo d'Planzung vun Nolebeem iwwerhand hält. Mir si ganz kloer och fir eng natierlech Verjüngung.

Datt net geneetesche Modifikatiounen dierfe virgeholl ginn an engem Bëscher, ech mengen, dass ass eng absolutt Normalitéit. Dat selwecht ass et fir de Gebrauch vu Pestiziden, wat jo och elo am Gesetz hei festgeschriwwen gëtt, dass dat eppes ass, wat op kee Fall kann zougelooss ginn.

Ech wëll dann och nach op den nationalen Inventar hiweisen. Dat ass u sech eng gutt Saach, déi och soll zréckbehalen ginn, well dat eis och erlaabt, méi eng global Iwwerwaachung vun de Bëscher ze erreichen. An dann ass jo och virgesinn, dass an Zukunft missten, ech mengen, wann 100 ha ugeplazt ginn, 5 % als Naturbëscher ausgewise ginn. Dat ass och eng Saach, déi nëmme ze ënnerstëtzen ass, well e Bëscher brauch eng gewëssen Autonomie. An oft gëtt ënnerschätzt, wat den ekologesche Wäert vun engem Naturbëscher ass. Doudegt Holz ass net einfach esou verluerent

Material. Nee, ganz au contraire, an engem Naturbëscher kënnen sech ganz vill Liewewiesen entwëckelen. Ech denken un Insekten, ech denken och u Refugé fir d'Wëld, wat awer nëmme kann de Wäert vun engem Bëscher erhéien.

An duerfir muss ee vläicht och nach d'Opinion publique dobaussen e bësse sensibiliséieren, wou oft gemengt gëtt, doudege Bëscher, dass wier eppes, wat ongefleegt ass. E Bëscher ass net eng Schlofkummer oder en Zëmmer doheem, wou ee mengt, et misst vu moies bis owes gefleegt sinn. Nee, och e Bëscher huet eng gewëssen Autonomie, an déi muss respektéiert ginn.

An do muss ech awer éierlech soen – en ass elo just net heibannen, de President vum Syvicol –, ech ka mech net onbedéngt mat dem Avis vum Syvicol do identifizéieren, dee gemengt huet, dass wier en Agrëff an d'Autonomie communale, wann elo 5 % vun de Bëscher missten als Naturbëscher ausgewise ginn.

Nach eng Kéier: Et muss een hei virun allem op deen ekologeschen Aspekt hiweisen. An ech kommen aus enger Gemeng, wou schonn iwwer 15 Joer laang en Naturbëscher besteet, a mir hunn nëmme gutt Erfahrung gemaach. An ech kann hei awer wierklech nëmme déi Gemengeverantwortlech opfuere, där Saach positiv entgéintzegesinn. De Syvicol, dee mer ganz no un d'Häerz gewuess ass an all deene Joren, deen ech och héich respektéieren, wéi gesot, sollt an deem Punkt vläicht awer trotzdem nach eng Kéier seng Meinung do iwwerdenken.

De Bëscher huet, wéi gesot, eng ganz wichteg Roll och als Fräizäitgebitt ze spillen. An dat, wat eeben elo hei zréckbehalen ginn ass, dass jo a priori all Mënsch och muss den Accès garantéiert kréien, fir an de Bëscher ze kommen, dass ass u sech e fundamentaalt Fräiheitsrecht. Dat geet jo och drëms, fir d'Wuelbefanne vun deem Eenzelen ze verbessern. A wou kann ee sech u sech besser erhuele wéi an engem Bëscher? Dat heescht awer och gläichzäiteg, dass een awer och Obligatiounen huet, dass net alles kann erlaabt sinn. An duerfir ass et och richtig, dass zum Beispill elo Avertissement-taxéen hei virgesi sinn a Sanktiounen, wann ee sech am Bëscher net korrekt behält.

De Bëscher ass ouni Zweifel e ganz sensibelen ekologesche Beräich. An ech wëll och hei virun allem op de Wëldbestand hiweisen. Dat ass, mengen ech, de Mëtten elo nach net esou ugeschnidde ginn, mee de Bëscher ass jo virun allem an éischter Linn awer och e ganz groussen an e wichtige Refuge fir de Wëldbestand. An dowéinst ass et och wichtig, dass den Accès och an deem Sënn garantéiert gëtt. Ech mengen, dass Verbrennungsmotoren an engem Bëscher a priori näischt verluer hunn, ass ganz evident. Et gëtt jo versicht, duerfir och elektresch ugedriwwen Autoen, Maschinnen vläicht éischter ze benotzen. Datt natierlech de Privatbëscherbesëtzer awer nach ënner gewëssene Konditiounen dat Recht huet, ass awer mat Sécherheet och ze ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo elo schonn e puermol hei och ugeschnidde ginn, dass jo iwwert d'Hallschent vun de Bëscher a Privat-hand sinn. Dat si 14.000 Proprietären. Et ass also evident, dass eng gutt Relatioun muss hiargestallt ginn zwëschen dem Ministère a Privatbëscherbesëtzer, well nëmme esou kann een eng gutt Gestiou vun dem gesamte Biotop Bëscher ustriewen. De Bëscher ass en zesummenhängend Element. Et ass e Ganz an do kann een dat net ënnerdeelen a privat an net privat. Et muss op alle Fall do ganz kloer zesumme-geschafft ginn. An de Staatsrot huet och zu Recht hei vun engem Paradigmewiessel geschwat.

Wat fir eis op alle Fall als Demokratesch Partei wichtig ass an deem Gesetz, dass ass eeben, dass elo de

Privatbëscherbesëtzer net méi zivillrechtlech responsabel ass, wann, wéi gesot, Problemer oder Accidenter a sengem Bëscher optrieden. Dat ass eng wichteg Neierung an dat stellt jo eng Derogatioun u sech zum Droit commun duer.

D'Leit kënnen jo elo och no dësem Text an de Bëscher gewësse Produkter recoltéieren. Ech gesinn dat elo net direkt als eng Violatioun vum Eigentumsrecht, obwuel een awer do muss trotzdeem ganz virsiichteg sinn. Bon, mir liewen natierlech net méi an der Feudalzäit, dowéinst ass et also och verständlech, datt och deen Eenzelne méi Rechter muss kréien, fir de Bëscher ze benotzen.

Am Text steet: „Le public a cependant le droit de récolter une petite quantité à titre personnel non lucratif de produits de la forêt“. Bon, wat heescht „une petite quantité“? Ech kéint mer virstellen – ouni Jurist ze sinn, ouni Riichter ze sinn –, mee et kéint emol eng Kéier sinn, datt dat do awer vläicht kéint zu Interpretatiounsproblemer féieren. An duerfir dierf dat och guer net zu Abuse féieren. An ech mengen, och deen Eenzelne muss drop higewise ginn, wat en dann elo dierf recoltéieren. Wa mer soe Friichten, wa mer soe Pilzen, jo. Mee et gëtt awer och do Differenzen ze maachen, et gëtt awer och Recolten, déi ënner Naturschutz stinn. Dowéinst muss ëmmer erëm drop higewise ginn, wat een dierf a wat een net dierf.

Vill gëtt natierlech och am Gesetz hei iwwert den Aspekt Feier geschwat. Jo, mir mussen eis bewusst sinn, datt dat e ganz sensibele Sujet ass. Mir wëssen, datt grad elo an deene leschte Joren, wou jo eeben d'Temperaturen an d'Luucht ginn, Feier e ganz grouse Problem duerstellt fir eis Bëscher, virun allem am Ausland, rezent a Kanada. Mee och hei zu Lëtzebuerg hu mer awer reegelméisseg glécklecherweis begrenzt Feieren, mee wat awer net soll ausschliessen, datt et och fréier oder spéider kann zu enger gréisserer Katastroph kommen.

Ech wëll dann och op den Artikel 13 hiweisen, wou et jo ëm d'Subventiounen geet. Dat ass eng richteg Astellung. Och Privatleit, déi eng Leeschtung vollbréngen am Interêt vum Naturschutz, solle selbstverständlech vum Staat do ënnerstëtzt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert d'Gestioun vun de Bëscher schwätzen, da komme mer awer och net derlaanscht, iwwert d'Roll vun de Fierschteren ze schwätzen, déi elo vläicht net direkt hei am Gesetz ernimmt sinn, mee si sinn ouni Zweifel d'Cheffe vum Bëscher. Mir brauche gutt, zolidd ausgebild Fierschteren. Mir wëssen, datt et do och gewësse Problemer gëtt. An ech hoffen, datt och an Zukunft keng gréisser Gemeng méi an d'Situatioun kënnt, wou se während Méint kee Fierschter huet.

Wa mer, wéi gesot, iwwert de Bëscher schwätzen, dann ass och nach en anere wichtige Thema, dat ass d'Juegd. D'Juegd gehéiert zum Bëscher wéi de Bëscher zur Juegd. An ech wëll dat ganz kloer hei ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei kloer fir d'Juegd steet, natierlech och mat gewëssene Restriktiounen, gewëssenen Oplagen, well eng gesond Entwécklung vum engem Wëlbestand kann nëmme stattfannen, wa mer och Jeeër hunn, déi dat iwwerwaachen, a wa mer och e Bëscher hunn, dee sech op eng natierlech Aart a Weis kann entwéckelen.

M. Gilles Baum (DP) | Très bien!

M. Gusty Graas (DP) | An ech sinn och fest dovun iwwerzeegt, datt de Gros vun de Jeeër, fir net ze soe se alleguer, e kloert An op hir Lousen hunn, haaptsächlech wat de Bëscher betrëfft, an och do déi éischt sinn, déi géife mellen, wann eppes net konkreet géif realiséiert gi respektiv eppes net géif klappen.

Ech kommen dann awer – virdrun hat ech schliisslech Kritik um Syvicol geübt – elo op en anere Sujet ze schwätzen. Dat ass de Rôle vum de Gemengen, wat d'Gestioun vun de Bëscher ubelaangt. An do sinn ech awer ganz op der Säit vum Syvicol, dee jo och mengt, zu Recht, datt d'Gemenge misste méi Matsproocherecht kréie bei der Gestioun vun de Bëscher. Et dierf ee jo net vergiessen, datt de Gemenge jo awer och eng Rei Käschten entstinn duerch eeben d'Bewirtschaftung vun de Bëscher an d'Gemenge missten och iwwert de Plan forestier kënnen e Wuert ouni Zweifel matschwätzen.

Nach e Wuert zu de Sanktiounen: Dat ass gutt, datt den Avertissement taxé elo agefouert gëtt. Bon, eng minimal Sanktioun besteet aus 24 Euro. Do muss ee sech awer wierklech d'Fro stellen, ob dat nach ugemissen ass. Ech mengen, 24 Euro haut fir eng Sanktioun oder fir e Vergeeën, wat een am Bëscher mécht, dat kléngt jo awer éischter scho bal e bësse lächerlech.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Wichtigkeet vum Bëscher hei och ënnerstrach gëtt duerch d'Schafe vum engem Conseil supérieur de la forêt ass eppes, wat mer ouni Zweifel och guttheeschen. Esou kritt och dee Gremium eng méi staark Legitimitéit. All d'Acteuren, déi eppes mam Bëscher ze dinn hunn, fanne sech hei zesammen, kënnen also eng gemeinsam Positioun ausschaffen, wat d'Gestioun vum engem Bëscher ubelaangt, woubäi ee sech och do net soll ze villen Illusiounen higinn, well jo awer do gewësse verschidden Iddien openeestousen. An der Hoffnung awer, datt dee Conseil supérieur sech wäert do awer ganz gutt entwéckelen.

An och do muss ech awer erëm eng Kéier op den Avis vum Syvicol zrëckkommen, deen zu Recht bemängelt, datt hei kee Verrieder vum de Gemengen an dem Conseil supérieur ass. Ech mengen, och dat sollt awer nach eng Kéier iwwerducht ginn, well schlussendlech hu jo awer d'Gemengen, wa meng Memoire gutt ass, 34 % vum Undeel un de Bëscher. Also ass dat e wichtige Acteur. Ech fannen also, datt d'Gemengen dann och scho missten an deem Gremium vertruede sinn.

Dee Projet de loi hei, deen erlaabt jo dann och, e ganz seriösen Toilettag ze maache vum där gesamter Legislatioun iwwer eis Bëscher. Dat geet jo zrëck bis op d'Joer 1617. Elo kënnen mer all déi Ordonnancen an déi Dekreeter ofschafen. Dat ass och gutt esou. Mir kréien elo méi e modernt Gesetz. Dat Gesetz hei ass ouni Zweifel eng grouss Erausforderung. Et ass e gutt Gesetz, och wann et elo net perfekt ass.

Ech wëll awer dofir all den Acteuren, déi dozou bäigedroen hunn, datt dee komplizéierten Text hei awer konnt ënnert där Form hei elo zrëckbehale ginn, Merci soen, an eng Kéier och emol merci vläicht un de Conseil d'État. De Conseil d'État, dee jo nawell oft gären e bëssle méi mat Reserve gesi gëtt, deen awer och an deem Dossier hei, fannen ech, eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet. A wann de Conseil d'État eis net op e puer Punkten higewisen hätt, da wiere mat Sécherheet eng Rei Insécurités juridiques scho vu viran drun zrëckbehale ginn.

An deem Sënn wëll ech awer och nach dem François Benoy Merci soe fir seng verschidden Rapporten. Et ass, wéi gesot, e ganz interessant Gesetz an d'Demokratesch Partei wäert deem och duerfir zoustëmmen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Madamm Minister, fir d'éischt emol wéilt ech dem Rapporteur e grouse Merci soe fir säi ganz ausféierleche Rapport, deen dese villfältegen an och ganz kompakte Gesetzesprojet wierklech gutt resüméiert huet.

Virun iwwer 400 Joer war Lëtzebuerg nach kee Grand-Duché. D'Bëscher waren och net reglementéiert.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

An dat huet derzou gefouert, dass den Archiduc Albert an d'Archiduchesse Isabel Clara Eugenia am Joer 1617 hu misse feststellen – an et ass an alem Franséisch geschriwwen –: „que jusques à present chacun y a coupé, & fait couper à plaisir ça & là, en toute saison, sans garder ordre ni suite, aussi cendré, charbonné & sarté grandes Places & Regions, sans leur donner temps de recroître“.

Une voix | Très bien!

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Schonn deemools, also laang virun eisem moderne Klima- an Ëmweltschutz, hunn d'Leit verstanen, dass de Bëscher net just eng schéin Dekoriatioun an der Landschaft ass, mee och eng ganz Panoplie u Funktiounen huet. An awer goufen a gi Beem vill ze dacks als „pour acquis“ geholl. Si goufen ëmgehaen, ouni iwwert d'Konsequenzen nozedenken. D'Natur brauch hir Zäit, fir sech ze erhuelen, fir nozewuessen, an dowéinst muss se geschützt ginn. Dat gouf scho viru véier Joerhonnerte festgestallt.

Fir d'Bëscher an och d'Holzbestänn ze schützen, hunn den Archiduc an d'Archiduchesse dat willkürlecht Fäll vu Beem verbueden. D'Bëscher sinn domadder fir d'éischte Kéier an engem Gesetz reglementéiert ginn. An des Texter – haalt Iech un! – si bis haut a Kraaft gewiescht. An och wa ganz vill Reglementer a Gesetzer zanterdeem bäikomm sinn, sou feelt et awer där Gesetzgebung ronderëm d'Bëscher zolidd u Kloverheet. Zum Deel gëtt et och nach ëmmer Lacunen, wéi zum Beispill, dass d'Privatbëscher an och d'Verantwortung vum de Propriétaires bis haut net richteg reglementéiert waren.

Derbäi kënnt och nach, dass et eise Bëscher net gutt geet. Se sinn, virun allem weinst dem Klimawandel an och weinst enger falscher Gestioun, dat dierf een net vergiessen, a grousser Gefor an et gëtt wierklech héich Zäit, déi 400 Joer al Texter ze reforméieren an d'Legislatur zum Bëscher an zur Natur un déi haiteg Zäit mat den aktuellen Erausforderungen unzepassen. D'Zil vum dësem Gesetzesprojet stoung vum Ufank u fest, de Wee fir dohinner war allerdéngs stengeg, mat ganz villem Op an Of.

Dat neit Bëschergesetz sollt jo 18 verschidden Gesetzer aus engem Zäitraum vum iwwer 400 Joer ersetzen. An iwwerdeems gëtt et eng Partie Neierungen: D'Privatbëscher gi reglementéiert. Mir sti virun engem Paradigmewissel mat engem interessante Beispill, dass et an Zukunft soll e Recht ginn, an all Bëscher dierfen ze goen.

D'Missioun vum dësem Projet ass och, wéi gesot, kloer. Iwwer fënnf Joer – mir hunn dat haut schonn e puermol héieren – gouf um Bëschergesetz geschafft an elo hu mer e Resultat, wat sech weise léisst a mat deem mer eis Bëscher net nëmme an de Fokus vum dëser Aktualitéit stellen, mee mat deem mer se och kënnen valoriséieren.

D'Bëscher maache ronn een Drëttel vum der Fläch vum Land aus. Iwwert déi lescht dräi Joerzénge huet sech den Zoustand vum de Bëscher verschlechtert, soudass och iwwer zwee Drëttel vum de Beem zum Deel staark geschiedegt sinn.

Engersäits ass dat natierlech, awer och net nëmmen, op de Klimawandel zrëckzefieren. Am Juni zum Beispill hu mer nees gesinn, dass et vill ze waarm war. Och déi éischt Woch am Juli wäert eng Rekordwoch sinn, wat d'Hëtzt ubelaangt. An et huet och ze wéineg gereent. Anerersäits huet de Mënsch natierlech och zum Bëschstierwe bäigedroen. Nieft der schlechter Loftqualitéit an och den Ofgase gouf och joerzëngtelaang eng falsch Bëschpolitik gefouert. Vill ze laang ass op Monokulture gesat ginn, vill ze laang ass de Bësch prinzipiell als Holzfabrick ugesi ginn.

Haut wësse mer, dass de Bësch eng ganz villfälteg Roll erfëlle muss. An deemtspriechend ass et och eng grouss Erausforderung, de legalen Encadrement esou ze gestalten, dass all de Funktiounen vum Bësch muss Rechnung gedroe ginn.

Ugefaange mam Klimaschutz: De Bësch filtert Gasen ... Ech kommen natierlech erëm op e puer Aussoen zrëck, déi schonn haut de Mëtteg hei gemaach gi sinn. An awer soll een dat wierklech nach eng Kéier widderhuelen. De Bësch filtert Gasen, Partikelen a Stëbs aus der Loft. E späichert CO₂ a produzéiert Sauerstoff. Eng ausgewuesse Bich produzéiert zum Beispill an engem Dag genuch Sauerstoff fir 64 Leit.

De Bësch reguléiert och d'Temperaturen. Während d'Stied virun allem als urban Heizunge bekannt sinn, killt de Bësch of an e bléist duerch säi Filtersystem frësch Loft an d'Stied. Dat ass eng wichteg Eegenschaft, wann ee bedenkt, dass 85 % vun de Bëscher – an dat hu mer och schonn de Mëtteg héieren – just emol annerhallwe Kilometer vum enger Agglomeratioun ewech leien. De Bësch schützt och de Buedem an e filtert eist Drënkwaasser.

Une voix | Très bien!

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | D'Wuerzele vun de Beem verhënnere en Äerdutsch a si späichere d'Waasser.

Jee méi ee sech mat all dëse Funktiounen auserneesetzt, desto méi séier stellt ee fest, wéi wichteg d'Erhale vum Liewensraum Bësch ass, deen ëmmerhin an d'Doem duerstellt vum onsellegen Zorte vu Planzen an de Déierenarten.

Fir de Gros vun de Leit huet de Bësch virun allem awer och eng Erhuelungsfunktioun. D'Leit kommen heihinner, fir sech an der Natur ze entspannen. Gefillt wäit ewech vun der Hektik vun der Stad kënne si hei Sport maachen oder zur Rou kommen.

De Bësch huet natierlech och säi wirtschaftlechen Notzen, an och wann een dobäi séier un d'Holz denkt – a Lëtzebuerg exportéiert effektiv zum Beispill vill Bichen- an Eechenholz bis a China –, sou geet aus dem Rapport ervir, dass déi verschidden Ekosystemer ronderëm de Bësch e geschate Wäert vun 30 Millioune Euro pro Joer hunn. An do ass den Holzverkauf net mat aberechent. Do hannendru stinn och eng Hellewull Aarbechtsplazen. Eleng am Holzsektor schaffe knapps 20.000 Salariéen. D'Hallschent dovunner ass am Handwierk an een Drëttel an der Konstruktioun aktiv. An dann hu mer nach net vum Tourismus geschwat, vun de sëllege Campingplazen a vun de Wanderweeër.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Madamm Minister, mat dësem Gesetzesprojet gëtt versicht, all deem Rechnung ze droen. Dat heescht, et geet drëms, de Bësch ze valoriséieren, ze stäerken, ze schützen. An et geet drëms, e Kader ze schafen, fir d'Ressource Bësch nohalteg kënnen ze notzen.

An enger éischter Instanz ass et kloer, dass mir eis hei déi néideg Definitioune musse ginn. Ab wéini schwätzt een zum Beispill vum engem Bësch? Wat ass enger enger nohalterger Bëschgestioun ze verstoen?

No den Definitioune gëtt an dësem Gesetzesprojet eng ganz Panoplie u Mesüre presentéiert, op déi de Rapportier virdrun am Detail agaangen ass.

Déi wichteg Fro, déi sech elo dofir hei stellt, ass déi vun der Plus-value vum neie Bëschgesetz. Zum engen ass et d'Iwwersiicht. Heimat gëtt eng legal Basis fir en nationale Bëschinventaire geschaaft. Domat kënnen de Bestand an d'Gesondheet vun de Beem iwwerwaacht ginn. Dat gëtt eis déi néideg Iwwersiicht, fir eng kohärent Bëschpolitik ze maachen. Zum anere gëtt mat dësem Gesetz e Conseil supérieur de la forêt geschaaft, deen déi ënnerschiddlech Acteuren um Terrain regroupéiert an deen hinnen déi néideg Stëmm gëtt, fir d'Regierung an hirer Bëschpolitik ze beroden.

Nieft enger besserer Iwwersiicht an och enger Berodung soll den Zoustand vun de Bëscher awer och verbessert ginn, dat iwwert déi verschidde Subventiounen, déi de Schutz, d'Stärkung, d'nohaltege Gestioune vum an d'Fuerschung ronderëm de Bësch solle fërderen. D'Bëschbesëtzer ginn also dobäi ënnerstëtzt, wa si hire Bësch schützen wëllen a méi resilient géint de Klimawandel wëlle maachen.

Op där anerer Säit sollen d'Bëscher awer och geschützt ginn, andeems schiedlech Praktike verbuede ginn. Ofgesi vum Bëschbesëtzer selwer dierf eigentlech och keen anere Feier maachen. Ma och gréisser Coupe mussen gemellt gi respektiv dierfe guer net stattfannen. Wichteg ass et och, dass de Buedem an d'Grundwaasser geschützt ginn, andeems zum Beispill den Asaz vun Dünger an och Pestizide verbuede gëtt. D'Proprietären dierfe just nach ganz bestëmmt Bamzorten uplanzen, fir d'Bëscher gesond a resilient ze halen. An d'Regenerationszäit vun dräi Joer no enger Coupe erlaabt et der Natur, sech ze erhuelen.

Schlussendlech geet et beim Bëschgesetz och ëm d'Verantwortung an ëm d'Rechter; et ass schonn e puermol haut de Mëtteg hei drop gepocht ginn. Bis haut gëtt et keen allgemengt Recht, fir an de Bësch dierfen ze goen, obschonn de Bësch en Deel vun der Natur ass, op déi de Mënsch ugewisen ass. Bis elo ass een also vum engem Toleranzprinzipp ausgaangen. Dat heescht, d'Besëtzer vum Bësch hunn an der Reegel toleréiert, dass d'Leit hire Bësch betratt hunn. Wéi virdru scho gesot gouf, soll genee dat mam neie Bëschgesetz geännert ginn. An Zukunft soll et e Recht ginn, an de Bësch dierfen ze goen.

Elo kéint ee soen, mir passen d'Gesetz just un dat un, wat an der Praxis souwiso stattfënn, ma villméi geet et hei drëms, eis Gesetzgebung ze moderniséieren an en Zeeche vun der Beweegungsfräiheet ze setzen. Wann den Accès zum Bësch e Recht gëtt, da stellt sech och automatesch d'Fro, wéi a wou een an de Bësch goen dierf. Dofir gouf och elo festgehalen, dass d'Leit sech do ophalen dierfen, wou et sécher ass. Et muss een also um Wee bleiwen – wuel wësend, dass et wichteg ass ze definéieren, wat dann och elo genee als Wee ze verstoen ass.

D'Bëschgesetz gesäit och vir, dass een a rasonablem Mooss zum Beispill Champignonen, Friichten a Kraider plécken dierf, soulaang dës net geschützt sinn.

An eng weider wichteg Ännerung ass déi, dass d'Leit selwer dofir verantwortlech sinn, wann hinnen eppes geschitt. Bis elo waren d'Bëschbesëtzer responsabel, wann iergendwou en Aascht erofgefall ass an eng Persoun doduerch blesséiert gouf, zum Beispill. Well et awer onméiglech ass, déi absolutt Sécherheet ze garantéieren, ass dat heiten eng ganz wichteg Ännerung, fir d'Proprietären ze entlaaschten – virun allem wann ee bedenkt, dass iwwert d'Hallschent vun eise Bëscher, nämlech 54 %, am Privatbesëtzer sinn.

Loosst mech awer kuerz nach zu der Fro zrëckkommen, wat eis dëst Bëschgesetz brénge wäert: méi

juristesche Kloerheet duerch nei Definitioune, eng besser Iwwersiicht iwwert den Zoustand vun eise Bëscher duerch den Inventaire forestier national, eng koordinéiert Berodung vun der Regierung duerch de Conseil supérieur de la forêt, eng Opforstung an en nohaltege Schutz vun eise Bëscher duerch geziilt Subventiounen a schlussendlech d'Recht, an de Bësch dierfen ze goen.

Mam neie Gesetz kommen awer och eng Partie Sanktiounen, déi antrieden, wa sech net un d'Bestëmmunge gehale gëtt. De Rapportier ass ausféierlech drop agaangen an dofir wäert ech net weider op dëse Volet nach eng Kéier agoen.

Ech wëll awer nach eemol betounen, wéi wichteg de Bësch fir eis Gesellschaft, fir de Mënsch an d'Ëmwelt am Allgemengen ass. Ech gleewe fest dorunner, dass den Ëmweltschutz an de Kampf géint de Klimawandel vum Gläichgewicht tëschtent Mënsch an Ëmwelt ofhänken. Mam neie Bëschgesetz gëtt déi Balance nees e Stéck hiergestallt.

Och wéilt ech hei an dësem Kontext vu menger klenger Ried ervirhiewen, dass d'Bëschkrëchen ëmmer méi beléift sinn an dass och do e ganz wichtege a schéinen Usaz geschafe gëtt bei deenen Allerkengsten, fir de Respekt an och d'Notze vun der Natur kennen ze léieren. Bravo och vun hei aus un d'Léierpersonal, dat méi a méi mat senger Schüler de Wee an de Bësch sicht, fir dat Pedagogesch an och dat Spille-rescht an der Natur ze praktizéieren.

An am selwechte Gedanke schléisst sech och fir vill Leit de Liewenswee am Bësch. Bëschkierfechter ginn ëmmer méi fir vill Leit déi allerlescht Rouplaz. An eigentlech ass och dat eng wonnerbar Symbolik vum Kreeslaf vun der Natur: vum Vergängleche gekoppelt un en Neufank.

Une voix | Très bien!

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Madamm Minister, den Amazonas gëtt gären als Long vun der Ärd bezeechent. Och wann eis Bëscher weltwäit just e minibuszegen Deel ausmaachen, sou si se awer d'Long vun eise Ländchen. Mir kënnen net déi ganzen Zäit vum Ëmweltschutz a Klimawandel schwätzen, ouni e modernt Bëschgesetz ze hunn. Et gëtt wierklech héich Zäit, dass de Schutz vun de Bëscher an domat vun der Biodiversitéit, op den neiste Stand bruecht gëtt.

Dat ass eng laangjäreg Fuerderung vun der LSAP an duerfir ginn ech mat Houfert heimat den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och der Madamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapportier e ganz grouse Merci soen. Ech ka mech villem vun deem, wat e gesot huet a geschriwwen huet, uschlëssen – vläicht net allem, awer villem. Ech wëll och meng Virriedner Merci soen, déi am Fong hei scho ganz schéi Plädoyere fir de Bësch gehalen hunn, d'Wichtegkeet ervirgestrach hunn, souwuel fir d'Mënschen, déi fir rekreativ Zwecker de Bësch kënne benotzen, wéi natierlech och fir eis Déierewelt, d'Pflanzewelt et cetera. Ech wëll och ganz besonnesch der CSV an dem Martine Hansen Merci soe fir déi Aarbecht, déi si an der Kommissioun gemaach hu mat hiren Amendementer, déi och ugehall gi sinn, an och mat deem, wat se haut gesot hunn.

Dat Gesetz hei ass sécherlech eng allgemeng, kann ee soen, gutt Saach – wann 18 Gesetzzer

zesummegeat ginn an eent. Als historiesch ganz interesséierte Mënsch ass et natierlech fir mech, soen ech emol, ganz interessant, dass heimadde, souwäit ech weess, dat eelst Gesetz, wat nach a Kraaft ass zu Lëtzebuerg, aus dem Joer 1617, abrogéiert gëtt, verschwënnt. Dat sinn iwwer 400 Joer. Nach vum Äerzherzog Albert VII. a vun der Infantin Isabella ass dat Gesetz etabléiert ginn zur Zäit vun de spueneschen Niederlanden. A wann e Gesetz 400 Joer hält, da kann et jo emol net esou schlecht sinn, muss ee soen.

Une voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | Wann eis Gesetzter dat fäerdegbréngen ... Bon, op jidde Fall ass elo en eenheetlech Gesetz hei geschaaft an dat ass prioritär eng gutt Saach.

Elo stinn hei an deem Gesetz – et ass viles gesot ginn – eng Partie ganz gutt Saachen. Et gëtt endlech gereegelt, dass een dierf an de Bësch goen, spadséiere goen. Et gëtt och gereegelt, dass d'Responsabilitéit do ebe besser gereegelt ass.

Et gëtt dann awer och eng Partie Kritikpunkten, wéi zum Beispill, wat gesot ginn ass: Wann een iwwer 40 m³ Holz aus dem Bësch eraushëlt, muss een dat bannent zwee Deeg mellen – wouzu gesot gëtt vun de Leit aus dem Secteur, dass dat einfach guer net méiglech ass. Dat ass net gutt, wann een an engem Gesetz Saachen dra virschreift, déi net méiglech sinn ze realiséieren.

Dann ass et och allgemeng esou, dass een net soll ze vill iwwerreglementéieren. Dat ass hei vläicht nach zum Deel e bëssen de Fall. An et soll een och eeben a Consideratioun zéien, dass hei Dausende vu Bëschbesëtzer betraff sinn an dass een deenen d'Liewen net onnëtz ze schwéier maache soll.

Jo ... – dat do kann ech op der Säit loossen –, da géif ech zum Schluss ganz einfach soen, dass mir eis hei als ADR der Martine Hansen uschléissen an där Motioun, déi si hei deposéiert huet. A wann déi Motioun géif ugeholl ginn, da géife mir och deem Gesetz eis Zoustëmmung ginn. Falls dat net de Fall ass, da géife mer wéinst enger Partie Schwierigkeiten, déi dach awer nach hei am Gesetz sinn, eis enthalten.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, mam Vott vum neie Bëschgesetz geet eng laangwierreg parlamentaresch Aarbecht op en Enn. Den initiale Projet, dee virun iwwer fënnf Joer deposéiert gouf, huet vill evoluéiert am Echange mam Staatsrot a mat anere berodenden Instanzen.

Vill komplex juristeschen an, wéi mir fannen, och deelweis philosopheschen Froe si behandelt ginn. Dës Komplexitéit ass och verständlech, well d'Bëschcher och immens komplex Ökosystemer sinn, déi nieft all den iwwerliewenswichtigen ekologeschen Funktiounen och wichteg wirtschaftlech a sozial Funktiounen erfëllen, déi et gëllt am Kontext vun der Besëtzerfro ze klären. Virewech begrësse mir, dass dem Bësch mat deem Gesetz nieft der wirtschaftlecher och déi sozial an ekologeschen wichteg Funktiounen zougeschriwwen ginn.

De Staatsrot huet a sengen Avisen drop opmierksam gemaach, dass de Bësch, egal ob de Proprietär e privaten, staatlechen oder kommunalen Akteur ass, ëmmer als eng Form Privatbesëtzer unzugesinn ass, well d'Bëschparzellen e Patrimoine duerstellen, mat deem een ekonomesch Profitter generéieren kann. Mir wëllen elo hei keng Grondsatzdiskussioun iwwer déi Aschätzung vum Staatsrot féieren, mee stellen awer

fest, dass duerch déi sozial an ekologeschen Funktiounen, déi am éischten Artikel vum Gesetz ageschriwwen sinn, dës Lektür awer ofgeschwächt gëtt. Mir komme méi no bei eng Legislatioun, déi d'Bëschcher an hiren Erhalt als en allgemengen Interessi vun der Gesellschaft astuift, an dat fanne mir selbstverständlech och ganz richtig.

Prinzipiell gesi mir d'Bëschcher awer als en Allgemenggutt, e „Common“ also. De franséische Philosoph Jean-Jacques Rousseau huet de Common, de Bien commun, als ee vun enger Communautéit gedeelten Interessi definéiert, vun deem jiddereen ofhänkt, an dat am Géigesaz zu Partikularinteressen, déi deem allgemengen Interessi och kënne schueden. Esou eng Lektür ass natierlech zu Lëtzebuerg Stand haut net an d'Praxis ëmsetzbar, well eis Verfassung iwwer deen enorm héije Stellewäert vum private Besëtzer dem Prinzip vum Bien commun d'Dier zouschleift. Dat ass jo och aus den Avisen esou ervirgaangen. Mee och wann et elo net esou am Gesetz draest, si mir eis awer alleguer – hoffentlech – bewosst, dass d'Bëschcher an hiren Erhalt am allgemengen Interessi vun eis alleguer sinn. An déi allermeescht Leit si sech däre och bewosst.

Här President, mat deem Gesetz kritt de Bësch och eng Definitioun. Déi ze formuléieren, war keng einfach Aufgab. De Staatsrot huet hei dorop higewisen, dass et a Frankräich an an der Bësch keng Definitioun vun der Legislatioun gëtt. En huet awer net gesot, dass déi däitsch Bundesgesetzgebung souwéi d'Landesgesetzgebungen de Bësch schonn definéieren. Dat huet sécherlech domadder ze dinn, dass an Däitschland de Bësch e ganz grouss kulturelle Stellewäert huet, während en a Frankräich éischter als eng ekonomesch Gréisst gesi gëtt.

Mir fannen et richtig, dem Bësch eng Definitioun ze ginn, well dat och eng Rechtssécherheet fir de Schutz vum Bësch liwwert. D'Definitioun, déi fonnt gouf an déi och ganz kleng Surfacë schonn als Bësch astuift, kënne mir och esou ënnerstëtzen.

Här President, d'Neiregelung vum Zoutritt zu de Bëschcher gehéiert zu enger vun de wichtigen Neierungen an deem Gesetz. War et bis elo esou, dass zwar an der Praxis d'Leit konnten an d'Bëschcher goen, esou war dat just toleréiert, mee juristeschen awer net ganz kloer. Mam neie Gesetz gëtt d'Recht op Accès zum Bësch fir all d'Leit elo festgeschriwwen an dat ass natierlech e begrëssenswäerte Fortschritt. Dës Neierung dréit och dem sozialen Ussproch vum Bësch Rechnung als Plaz, wou d'Leit sech begéien oder sech einfach kënnen erhuelen. Dass dësen Zoutritt zu de Bëschcher awer gereegelt muss ginn, fir en Equilibre mat der ökologescher Funktioun vum Bësch ze fannen, zum Beispill wat natierlech d'Regeneratioun vum Bësch an d'Rou vun den Déieren am Bësch ugeet, ass fir eis och vertriebar.

Här President, ech hunn déi ekologeschen Funktioun vum Bësch ugeschwat. D'Bëschcher sinn Ökosystemer, déi sech duerch eng héich Aartevillfalt an och eng gewësse Stabilitéit auszeechen. Vill aner Ökosystemer am Waasser oder am Oppeland si jo éischter vill méi vulnerabel. Déi Villfalt stäerkt de Bësch a mécht en zu enger wichtiger Sail am Kampf géint d'Klimaverännerung an zu engem Alliéierte bei der Ofschwächung vun den negativen Konsequenzen vun dëser Klimaverännerung.

De Schutz vum Bësch ass also essenziell fir d'Mënschheit an d'Verbesserung vum Zoustand vun de Bëschcher ass eng Prioritéit, well méi gesond Bëschcher hir Schutzroll och besser spille kënnen. D'Realitéit ass awer säit Joerzéngten eng aner: Den Zoustand vun de Bëschcher verschlechtert sech duerch Verschmutzung a Klimaverännerung. Fiichtebeem, déi oft fir eng ökonomeschen Notzung ugeplant goufen, verdrénken a

gi masseweis vum Borkenkäfer befall. Mee och heemesch Beem wéi d'Bichen an d'Eiche kréien en ëmmer méi schwéiere Stand duerch de verännerte Klima an de Waassermanktem, deen eng Konsequenz dovunner ass.

Wichtig ass et dowéinst emol fir ze verhënnern, dass dës Bëschfläche verschwannen. Mam Naturschutzgesetz vum 2018 gouf dës jo schonn esou agefouert, fir dass alles dat, wat Bësch ass, och Bësch bleift. Mat deem Gesetz an der Definitioun vun deem, wat als Bësch gëllt, gëtt dat nach vill méi kloer. Sougenannt „coupes rases“ sinn och net méi méiglech, ausser wann et drëms geet, fir Kränke wéi zum Beispill e Borkenkäferbefall ze bekämpfen, a wann, dann awer op Autorisatioun och vum Ministère.

Här President, an deem Beräich komme mam neie Bëschgesetz nach méi prezis Verbueten an Obligatiounen fir Bëschbesëtzer allgemeng derbäi, an dat natierlech an éischter Linn, fir d'Bëschcher ze erhalen an ze verhënnern, dass duerch d'Ofholungen ëmmer méi Sonn de Bëschbuedem trifft an e soumadder ausdrécht. An deem Sënn ass et och ganz wichtig, dass d'Uleeë vu Weeër a klengen Stroossen duerch d'Bëschcher op e Minimum reduzéiert gëtt, well och domadder de Bësch als Ganz geschwächt gëtt. D'Obligatiounen am Beräich vun de Bamzorten, déi geplanzt kënne gi mat Récksiicht op d'Standuerter, begrësse mir dowéinst natierlech och. Eis Bëschcher mussen sech no an no upasse kënnen un déi nei Bedéngungen an de Mënsch muss esou gutt et geet dobäi hëllefen.

Mir bedauern awer an deem Beräich, dass d'privat Bëschbesëtzer net méi staark ugehale gi sinn, méi Efforten ze maachen. D'Gestiounspläng fir grouss effentlech Bëschbesëtzer si sënnvoll a wichtig, mee d'Bëschbesëtzer, besonnesch déi grouss, missten och mat der d'Bëschverwaltung zu esou engem Plang obligéiert ginn.

Genesou fanne mir et och schued, dass déi kollektiv Gestioun iwwer Zesummeschlëss vun de Privatbëschbesëtzer aus dem Projet verschwonnen ass. Op deem Wee hätt een der Zerstéckelung an de Bëschbesëtzerverhältnissen am Privatbësch kënne Rechnung droen an derfir suergen, dass méi groussflächeg nohaltege Bewirtschaftung an de Privatbëschcher gëllt.

Här President, een Aspekt, deen a puncto Bësch an eisen Aen nach vill méi eng wichtigen Roll spille misst, betrëfft d'Notze vum Holz. Mir mengen, dass Holz aus ökologescher Siicht e ganz interessante Baustoff ass, well d'Holz jo och CO₂ bënnt an et nowuessend ass, wann d'Holznotzung dann och nohaltege gemaach gëtt. Am Hausbau selwer, mee och an der energieescher Renovatioun bitt Holz eng Partie interessant Méiglechkeeten. Viru Jore gouf en Holzcluster geschaf, fir genee dës Aktivitéiten och virunzebréngen. Mir froen eis awer, ob dat wierklech virugeet.

Vill vun eise Holz gëtt och exportéiert, en absoluten No-Go fir esou e klengt Land! Mir kënnen net wäertvoll primär Ressourcen exportéieren, fir se duerno verschafft a méi deier erëm ze importéieren! D'Holzverarbechtung muss hei stattfannen oder an der Region an déi dofir néideg Filière muss proaktiv opgebaut ginn. Dofir menge mir och, dass dat heite Gesetz de Verkauf an den Handel mat Holz am private Bësch och méi staark hätt misse reguléieren. Zumindest fir eis ass de Secteur schwéier ze duerchkucken an och net staark genuch reglementéiert. Zil muss et an eisen Ae sinn, den Export vum Holz gréisstendeels opzeginn, fir d'Wäertschöpfung am Land oder an der Region ze maachen.

Här President, zum Schluss just nach eppes, wat mir schonn zanter méi wéi 20 Joer um Häerz läit: Et ass immens wichtig, dass déi Bëschcher, déi mir nach hunn,

erhale bleiwen, an et ass en No-Go, et muss en No-Go sinn, datt dës – an och, wann et nëmmen zum Deel ass – fir e Contournement ofgeholzt solle ginn, esou wéi dat beim Bobësch de Fall wäert sinn! Klimaschutz a Biodiversitéitsverloscht zwängen eis dozou, aner Léisungen zum Problem ze fannen, wa mir, also d'Mënscheet, iwwerliewe wëllen!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem François Benoy fir dee gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport a virun allem fir déi Ausdauer, well ech hunn an der Kommissioun matkritt, wéi oft do de Ball hin- an hiergaangen ass a wéi vill Stonnen doranner hu missen investéiert ginn – vill méi, wéi dat elo an dëser annerhallwer Stonn wäert erschéngen – a wéi déi Verhandlungen hu misse lafen.

De Moien, per Zoufall, hunn ech missen d'Holz eranhuelen, dat d'Gemeng mer geliwwert huet, dat heescht, dat war déi Toppvirbereedung, déi Kouert Holz eranzehuelen, fir nach eng Kéier un d'Verwäertung vun de Bëscher als Virbereedung ze denken.

Fir eis Piraten ass et ganz kloer, dass den Naturschutz an esou engem Projet muss Prioritéit hunn, och mat all deenen anere Punkten, déi schonn opgeléist gi sinn. Jo, et kann een iwwerall e bëssen en Hoer an der Zopp fannen. Mee fir eis ass et awer prioritär, dass eis Natur wäert geschützt ginn. Et ass esou, wéi mer iwwerhaapt d'Iwwerliewe vun eisem Planéit, vun eise Kanner kënne garantéieren.

Et sinn eis Bëscher, déi eis als gréisste Filter déngen, an dofir ass et fir eis Piraten och immens wichteg, dass déi Bëscher erhale bleiwen an dass déi Bëscher och a Rou gelooss ginn. Dat ass fir eis e vun de wichtige Punkten, dass d'Bëscher sech kënne natierlech entwéckelen. A fir eis ass et och net virstellbar, dass Bëscher just sollen als rengen Commerce déngen. Nee, am Contraire, d'Bëscher sollen dofir do sinn, dass se eis Natur kënne erhalen!

Dir hutt et alleguer matkritt: Et ass mat deen ..., et ass elo dee wärmste Juli déi éischt Woch (veuillez lire: et ass elo d'lescht Woch déi wärmst éischt Juliwoch) gewiescht. Dat heescht, mir sti virun der Klimakris, an et ass net, wéi verschidde Leit heiansdo maachen, wéi wann et déi net géif ginn, wéi mer leider haut och am Europaparlament erëm matkritt hunn. Mee ech sinn awer frou, dass do den Text wéinstens duerchgaangen ass. Et ware jo alt nach e puer Parteien aus Lëtzebuerg, déi d'Naturkris an d'Klimakris erkannt hunn an déi matgestëmmt hunn. An dann ass dat zumindest e positiven Aspekt, dass mir haut parallel iwwert d'Bëscher schwätzen an an Europa dräi Parteien erkannt hunn a fir d'Klimakris agestane sinn an eng Partei et och an Europa net erkannt huet.

Fir eis Piraten ass et ganz kloer, dass de Bësch jidderengem gehéiert. Dofir begrësse mir och, dass elo den Accès am Bësch kloer gereegelt ass. Mir maachen awer dorobber opmierksam, dass dat fir eis net bedeit, dass d'Déieren herno kënne gestéiert ginn, mee am Contraire, dass déi natierlech hir Schutzzäiten, hir Schutzzonen brauchen, fir dass se sech kënne weiderhin entwéckelen.

Jo, mat de Piraten verbënnt een och oft d'Theema Juegd. Ech mengen, mir hunn do e bësse méi eng aktivistesche Positioun. Et ass awer esou, dass mer net géint d'Juegd sinn, am Contraire. Och bei eise Membere fënnt ee Jeeër a wann ee mat deene schwätzt, soe se, dass si et sinn, déi d'Bëscher am beschte kennen. Et si si, déi d'Bëscher ënnerhalen. Et si si, déi fir d'éischt mierken,

wann an de Bëscher eppes ass – wann ee seng Juegd natierlech seriö hëlt. Och eis Positioun ass do ganz kloer: Och am neie Bëschgesetz soll d'Juegd jo weiderhin erlaabt bleiwen, wat mir och kënne esou matdroen. Wou mir eebe méi Problemer dermat hunn – mir wäerten d'Gesetz awer matstëmmen –, dat ass, wann esou eng Klappjuegd weiderhin erlaabt ass. Et wär eise Wonsch gewiescht, dass een déi Praktik vun der Juegd och hätt kënne iwwert dëst Gesetz ënnerbannen an dass een zu anere Juegdpraktiken iwwergaange wär.

Jo, de Bësch schützen heescht awer och, bei den Infrastrukturprojeten dorunner denken. An do fält mer zum Beispill e Contournement an, dee soll gebaut ginn: Huele mer elo einfach emol Käerjeng, wou dann awer och de Bësch wäert dofir ewechkommen. Op där enger Säit soe mer ëmmer, mir ...

(Interruption par M. Yves Cruchten)

E gëtt kompenséiert, Här Cruchten. Dat ass awer net dat selwecht wéi wann Der schonn e Bësch hutt, dee gutt gewuess ass. Ech mengen, dat ass jo och d'Theema vun haut. Déi Bëscher, déi scho gutt gewuess sinn, dat ass eppes anescht wéi déi Kompensatioun. Ech weess, dass mer oft och an der Gemengepolitik iwwert déi Kompensatioun schwätzen, wat awer am Endeffekt net dat selwecht ass wéi déi Bëscher, déi scho bestinn.

Wa mer Naturschutz wëllen, da musse mer och eng Kéier iwwerleeën, wéi mer bei esou Projeten – dat ass elo ee Projet, dee mer agefall ass, well ech do ënnen an der Regioun wunnen, mee et gëtt och nach anerer am Land, déi een hätt kënne zitieren –, wéi mer do mat eise Bëscher ëmginn, dass eis Bëscher musse méi Prioritéit kréien, dass mer déi erhalen, déi schonn do sinn, déi iwwert d'Joerhonnerte gewuess sinn, well et ass eeben déi Kompensatioun, déi herno net genau dat selwecht wäert liwwere wéi déi Bëscher, déi schonn do sinn.

Mir Piraten wäerten haut dat Gesetz matstëmmen, well eis läit d'Gesondheet vun eise Bëscher a vum Klima um Häerz, an duerfir wäerte mir och eisen Accord ginn. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och dem Här Goergen. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

D'Wuert huet direkt d'Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring. Madamm Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci, Här President. Léif Deputéiert, Léif Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, eise Bësch ass – an et ass schonn e puermol ugeklungen – eise wichtigste Liewensraum hei zu Lëtzebuerg, an Europa a weltwäit. De Bësch ass eng vun de Grondlagen vun eiser Liewensqualitéit. Et ass och schonn ugedeit ginn: E filtert eis Loft, rengt a späichert eist Waasser, wat grad bei Staarkree ganz wichteg ass, en ass Liewensraum vun Déieren- a Planzenarten an ass eng beléift Plaz, fir sech ze erhuelen. An e liwwert natierlech och Material fir de Bau an hëlleft, eist Klima ze reguléieren, well e späichert grouss Quantitéit vu Kuelestoff zesummen am Buedem.

De Bësch ass ouni Zweifel nieft all sengen anere Funktiounen eise beschten natierlechen Partner am Kader vun der Bekämpfung vun der Klimakris. An zënter Enn vun der leschter Äiszeit ass de Bësch déi natierlech dominant Vegetationsform a Mëtteleuropa. Mee dës Bëschfläch gouf zënter dem Mëttelalter progressiv vun der mënschlecher Aktivitéit reduzéiert, fir déi néideg Iwwerliewensgrundlag vun der Bevëlkerung ze garantéieren.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

A senger laanger Geschicht ass et eisem Bësch do-wéinst net ëmmer gutt gaangen. Sain Ausmooss gouf haaptsächlech während der preindustrieller Zeit staark reduzéiert wéinst de ganz héije Besoinen un Energieholz. Esou gesinn hunn déi fossill Energien dem Bësch souguer kuerzfristeg ee Moment gehollef a seng Fläch huet nees zougehoen. Mee wéi eis Analys zur phytosanitärer Situatioun vun de Beem an eise Bëscher et weist, leit de Bësch haut ënner anerem ënnert den Emissiounen vun de fossillen Energien, well si d'Klima verännert an deregéiert hunn an dat spierbar Auswierkungen op eis Bëscher huet.

35 % vun eiser Landesfläch si Bëscher, zur Hallschent jee weils privat an e öffentliche Hand, a vun den öffentliche Bëscher sinn dräi Véierel Gemengebëscher. D'Bëscher si gepräagt vun der Diversitéit vun eiser Landschaft, vun der Topografie, vum Ënnergrond, de Biedem an den ënnerschiddlechen klimateschen Bedéngungen op eisem klengen Territoire. Gréisstendeels fënnt ee se tatsächlech op manner gudden Biedem an och op Terrainen, déi fir d'Landwirtschaft net interessant waren. Eis Bëscher sinn zu zwee Drëttel Laffholzbëscher mat natierlechem Charakter an extensiver Gestünn an zu engem Drëttel méi intensiv bewirtschaft Nolenholzbëscher an haaptsächlech Fichtebestänn.

Eis gesamt Bëschfläch hält sech glécklecherweis an de leschte Joren a Joerzénge zimmlech stabil. Dat klénkt zum Deel ganz idyllesch – an awer, wéi mer wëssen, sti mer viru groussen Erausforderungen, wann et ëm de Bësch geet. Déi gréisst Erausforderung fir de Bësch ass nieft eiser staarker Zersiidlung an den Zerschneidungen vun eiser Landschaft an och vun eise Bëscher bei Wäitem den Impakt vum Klimawandel. Dat ass besuergniserreegend, well de Bësch ass zäitgläich och eise beschte Partner am Kampf dogéint, andeems, wéi ech schonn ugedeit hunn, eeben de Kuelestoff am Holz an am Buedem gespäichert gëtt.

Duerch déi extreem Wiederkonditiounen gëtt de Gesondheitszoustand vum Bësch ëmmer méi labill. Den État phytosanitaire weist dat: Knapp zwee vun dräi vun eise Bëschbeem sinn aktuell staark gestresst. D'Ficht als eng net eenheemesch Aart, déi während de leschte 50 Joer eis Broutbamaart war, ass amgaang, massiv ofzestierwen. Dat gesäit ee jo gutt. An och eis natierlech Buchebëscher leide rezent ganz staark ënner dem Klimawandel.

Mir si momentan amgaang, den drëtten nationale Bëschinventaire duerchzeféieren, a stelle fest, konform zu der phytosanitärer Situatioun, dass duerch d'Impakter vum Klimawandel op eis Bëscher, also duerch d'Dréchent an d'Hëtzt, manner Holz opwiisst. Mir mussen also elo anescht mat eise Bëscher ëmgoe wéi dat nach virun enger Zeit gängeg Praxis war. Dat soen eis all d'Experten. A souguer d'Leit, déi am Holzberäich och schaffen, wëssen dat, dass mer dat net méi kënne esou weidermaachen, wéi mer dat an de leschten zéng Joer gemaach hunn oder virun nach, an dat ganz einfach, well mer an enger neier klimatescher Realitéit sinn. Dofir brauche mer och nei Mëssuren.

Et sinn awer alles Problemer, deene mer kënne entgéintwierken. D'Léisungen si bekannt. Mir wëssen – an dat weise wëssenschaftlech Etüden –, dass d'Erhéijung vun der biologescher Diversitéit d'Resilienz vun de Bëscher weesentlech stärke kann. D'Bewirtschaftungsformen mussen also adaptéiert ginn, fir d'Liewenskonditiounen am Bësch – mir nennen dat de Bëschklima – ze schützen an all méiglech zousätzlech Stressfacturen vum Bësch esou gutt wéi méiglech ewechzehalen. Dëst maache mer zum Deel zum Beispill, andeem mer e permanente Bëschcouvert garantéieren.

kennen. Genau dofir huet d'Regierung eng Rei vu Measures ergraff, an dëse Gesetzesprojet ass en zentrale Bestanddeel dovunner.

Nieft dem Klimawandel sinn aner weesentlech Herausforderungen fir de Bësch eis ëmmer méi grouss gesellschaftlech a wirtschaftlech Ufuerderungen un de Bësch. Jo, de Bësch huet eng sozial Funktioun an do kënn et natierlech tëscht de verschiddenen Utilisateuren och emol zu Konflikter. Fir déi eng ass de Bësch virun allem e Wander- a Fräizäitpark, fir déi aner ass e primär en Holzliwwerant an eng Akommesquell. An och dat muss kënne gemaach ginn. Nach anerer kennen de Wäert vum Bësch fir d'Loft an d'Waasser an esou weider. An d'Bëschproprietäre sinn och hei hin- an hiergezunn an hir Verantwortung ass oft gefuerdert an och si sichen no Léisungen a Kompromësser.

De Bësch ass en Alleskönner, virun allem, wann déi méiglech Funktiounen a Servicer kloer erkannt a weiderhin erméiglecht ginn. Dofir – an net nëmmen dofir – brauche mer eise Bësch, mee de Bësch brauch virun allem eis. A genau dofir ass et haut esou wichtig, e klore a stabile gesetzleche Kader fir de Bësch ze hunn. Dëse setze mer mat dësem neie Gesetz. Déi aktuell Gesetzgebung, dat ass och schonn ugeklongen, ass zum Deel 400 Joer al a brauch dofir och eng Erneuerung. Si ass staark fragmentéiert an et ass dofir ganz wichtig, dass mer déi nei Reegelen kodifizéieren, dat heescht, dass mer se beieneebringéieren an och moderniséieren an och Reegelen méi accessibel a verständlech fir jiddwereen definéieren.

Lëtzebuerg huet och international Verflechtungen an huet och 2007 en internationaalt Konzept, „Forest Europe“, ënnerschriwwen a sech domadder an deem Kontext enger nohalteger Bëschbewirtschaftung ënnerworf, wat wierklech wichtig ass. An och dat huet dëse Gesetzesprojet mat beaflosst.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet war an ass et also, all déi gesetzlech Dispositiounen ze regroupéieren an ze moderniséieren, fir e staarken, kohärente Kader fir eise Bësch hei zu Lëtzebuerg ze schafen. Domat soll d'Bëschfläch erhale ginn, de Bësch geschützt ginn an och esou bewirtschaft ginn, dass all seng Funktiounen a Servicer eis an den zukünfte Generatiounen erhale bleiwen.

Wat gëtt konkret proposéiert? Et ass schonn e puermol ugeklongen: eng kloer Definitioun an eng besser Rechtssécherheet. Mir hunn eng zäitgerecht Dispositioun, wat den Accès an de Bësch ubelaangt; de Code civil vun haut – an dat zanter 1804 – seet eigentlech, dass kee Mënsch op iergendengem anere seng Privatproprietéit dierf goen, och net iwwer Weeër, ouni deem seng ausdrécklech Erläbnis. Do gëtt et eigentlech keen Ënnerschied zwëschen engem Noper senger Wiss an dem Bësch. Dat ass eis Situatioun vun haut an dorobber wëlle mer reagéieren an och déi potenziell Konfliktsituatiounen wëlle mer klären an domadder en neien an e klaren Text bréngen, deen Zougang schafft a Garantië fir den Zougang fir jiddwereen. An Zukunft dierfen Drëtter, dat heescht, Leit, déi net mat engem Proprietär oder mat enger Proprietärin ze dinn hunn, ze Fouss a mam Vélo op de Weeër an de Pied an all Bësch spadséieren goen.

A puncto Accès ännert sech fir d'Proprietären näischt. Si hu selbstverständlech ëmmer an iwwerall Accès op hiren Terrain. D'Bëscher bleiwen doriwwer eraus insgesamt zougänglech, also och ausserhalb vun de Weeër a Sentieren, fir all déi Leit, déi d'Erläbnis hu vun de Proprietären, zum Beispill d'Juegdpiichter, oder d'Porteurs d'ordre du ministre wéi zum Beispill d'Beamt/innen vun der ANF, Fuerscher an esou weider, fir hir Mission de surveillance kënnen ausféieren.

Fir all Mënsch, dee sech elo verständlecherweis froe wäert, wéi een erausfënnt, wien de Proprietär vun engem Bësch ass, gëtt eng ganz einfach Äntwert: Iwwert de Geoportail fënnt een dat eraus an et kritt een innerhalb vu Minutten eng Äntwert mat enger Adress. Ech hunn dat selwer probéiert, dat geet relativ einfach – souwäit och zur Praxistauglechkeet vun deem Text.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Minister, erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen Iech eng Fro stellt?

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ganz gären.

Mme Martine Hansen (CSV) | Ech wollt wëssen, ob et de Proprietär vum Bësch wier oder de Proprietär vun de Weeër, deen ee misst froen, well wann een net an de Bësch fiert ..., et fiert ee jo net onbedéngt an ee Bësch, et fiert een op Weeër. An et steet einfach do: „le propriétaire“. Am Naturschutzgesetz ass et e bëssen anescht formuléiert wéi am Bëschgesetz, dofir ass et fir mech net kloer. Muss deen elo um Geoportail da kucken: Wien ass de Proprietär vun de Bëscher? Ass dat e Syndicat? Ruffen ech beim Syndicat un oder wou froen ech eng Autorisatioun?

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Also wann een op eng bestëmmt Parzell wëll goen, dat kann een erausfannen, wien dat ass, an da geet et och duer, wann een deem seng Autorisatioun huet. Duerno huet een normalerweis eng automatesch Servitude op déi aner, wou een nach muss driwwergoen. Dat ass dat eent.

An dat anert – a mir kommen nach eng Kéier dozou –, d'Përmesknupp zum Beispill, déi ass zougänglech iwwer en öffentliche Wee. Dat heescht, do brauch een a priori guer keng Autorisatioun. Dat heescht, et ass net esou komplizéiert. Dat ass dat, wat ech domadder wollt soen, an et ass och applikabel.

Drëtters, wollt ech nach soen, hale mer fest, dass motoriséiert Gefierer op de Bëschweeër fueren dierfen, dëst fir forst- a landwirtschaftlech Aktivitéiten, d'Juegd an den Naturschutz an och fir Aktivitéiten, déi op Basis vum Artikel 15 vum Naturschutzgesetz autoriséiert goufen.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Ministesch, den Här Roth wëllt Iech och eng Fro stellen.

M. Gilles Roth (CSV) | Jo, ech hätt eng Fro zu dem Geoportail an dem Numm vun de Proprietären. Sidd Dir sécher, dass am Geoportail all Numm vum Proprietär kann nogesicht ginn an dass dat och an Zukunft garantéiert ass? Ech mengen net.

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ech kann Iech just soen, dass ech genau dat dote probéiert hunn, well mech déi Fro intrigéiert huet. Ech hunn et selwer probéiert. Ech hunn op genau där doter Plaz gekuckt an ech krut do déi néideg Informatiounen, fir kënnen de Proprietär vun deem Bësch ze kontaktéieren fir erauszufannen, wien et ass. Also, déi Informatioun ass sécher disponibel.

(Interruptions)

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Roth nach eng Kéier.

M. Gilles Roth (CSV) | Dir hutt dat gemaach als Ministesch warscheinlech.

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Nee, ech hunn et ganz einfach um Geoportail probéiert. Ech hu mech do net missen als Ministesch ausweisen.

M. Gilles Roth (CSV) | Sidd Der dann der Meinung, Madamm Minister, dass dat, wat Der hei sot, konform ass mam Lëtzeburger Dateschutz? Well allkéiers, wann Der eng Consultatioun iwwer eng Privatproprietéit, iwwer eng Privatpersoun macht, da misst jo déi Privatpersoun dûment informéiert ginn.

(Interruption)

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ech hu just op déi Donnéeën zrëckgegraff, déi elo schonn disponibel sinn um Geoportail. An ech ginn dervun aus, dass déi Informatiounen, déi een do fënnt, och dateschutzgerecht sinn. Esou vill Vertrauen hunn ech an dee System.

Sou, wann ech dierft, géif ech elo weiderfuere mam Haftungsregime, well dat ass eng wichteg Contrepartie zu deem Accès, dee mer wëllen heimadder erméiglechen. Et ass natierlech wichtig, dass dofir och d'Proprietären e gewëssene Schutz kréien an och do hir Haftung, hir Responsabilitéit limitéiert gëtt. Dat heescht, et ass net méi esou, dass d'Proprietären, d'Bëschbesëtzer/innen automatesch haftbar si fir Accidents, déi an hirem Bësch kënne passéieren. Dat ass awer ganz oft an der Reegel an der Vergaangenheet esou gehandhaabt ginn. Dëse Projet responsabliséiert awer och d'Leit, déi an de Bëscher spadséieren ginn. Et ass kloer, dass nieft der Tatsaach, dass de Bësch eng Erhuelungsplaz ass, en natierlech och verschidde Gefahren a Risike ka biergen. An däers sollen d'Leit sech bewosst sinn. Dat ass och ganz kloer elo verankert, dass d'Leit responsabel sinn a sech och esou musse behuelen am Bësch.

Mir kréien och e bessere Schutz géint d'Feiergefor. Dat ass besser gereegelt, wou wéini wien dierf Feier maachen, an zwar op deene Plazen, déi speziell dofir virgesi sinn. Dëst bezitt sech net op d'Proprietär/innen an op déi Persounen, déi d'Erläbnis vun de Proprietär/innen hunn.

Et gëtt och elo méi eng kloer Reegel, wat een aus dem Bësch dierf mathuelen, an änlech wéi beim Accès legaliséieren mer elo, dass kleng Quantitéiten wéi zum Beispill Champignonen, Molbier oder anert Material, zum Beispill fir e Meekranz ze maachen, dierfen am Bësch gepléckt a gesammelt ginn, fir den eegene Gebrauch – dat ass mat „kleng Quantitéiten“ gemengt. Dat heescht, dass et kee kommerziellen Notze soll dovu ginn an dass een och net soll e ganze Restaurant domat beliwieren. Et ass fir den eegene Gebrauch.

D'Gesetz gesäit och eng nohalteger Bëschbewirtschaftung fir all eis Bëscher vir, mat klaren Uweisungen, wéi d'Holz nohalteger geernt soll ginn, also prinzipiell ouni Kalschlag, soudass de Bësch net nach méi gestresst gëtt, wéi en elo schonn ass. Et bestinn awer och hei Autorisationsméiglechkeeten. Weider gehéiert dozou och eng Meldeflicht vu grousser Couppen – mat grousser Coupe mengen ech 40 m², dat entsprécht ongeféier zwou Camionsladungen, dat ass also net näischt – an inklusiv eng Méiglechkeet fir eng technesch Berodung. Et ass en einfache Formulaire, deen digital an op Pabeier verfügbar ass, an dat gouf och no Echange mam Privatbësch esou decidéiert an ausgefouert. Dat heescht, dat ass och machbar.

Wat ech och nach wëll soen: Et ass net, dass ee muss innerhalb vun zwee Deeg do reagéieren! Et ass esou, dass ee spëtstens zwee Deeg virun der Coupe esou e Formulaire soll ausfüllen mat sommaren Informatiounen a bis 30 Deeg no der Coupe dann ee Rapport mat méi detailléierten Informatiounen iwwert d'Quantitéit. Dat heescht, et ass net, dass een dat muss onbedéngt alles liwweren an engem onméiglechen Délai.

Fir dass de Bësch sech an engem bestëmmten Öffnungsgrad erneiere kann, soll de Proprietär déi

néideg Verjüngungsmoosnamen dofir ergräfen, an dat op d'mannst zur Hallschent mat standuertgerechte Planzen. Do ass en Ënnerscheid ze maachen téschent standuertgerechte Planzen an eenheeme-sche Planzen. Och hei sinn Nolebeem méiglech. Do ass e Règlement grand-ducal an der Ausaarbechtung, wou och eng ganz Rei Nolebeem wäerten dropstoen. An och an eisem Aideregimm ginn och Nolebeem zousätzlech ënnerstëtzt an och an Zukunft kann een dat nach verstärken. Och dat hu mer mat de Leit, déi an de Bëscher schaffen, schonn diskutéiert.

Fir dass de Bësch nach méi konsequent géint d'Impakter vum Klimawandel geschützt ass a seng Biodiversitéit gestärkt gëtt, ginn eng Rei Aktivitéiten an Zukunft net méi erlaabt. An dat ass zum Beispill d'Veihaltung am Bësch. Mir hunn haut souwiso scho relativ héich Wëlddichten, dat wësse mer och vun de Jeeër, soudass d'Regeneratioun vun de Bëscher och elo schonn dättelech erschéiert ass. D'Feierröschung gehéiert dozou, awer och den Drainage. An Zukunft musse mer eis wierklech beméien, fir méi Waasser an eise Bëscher ze halen. Dat heescht, en Drainage ass definitiv net dee richteg Wee. Dann de Gebrauch vu Pestiziden ouni Autorisatioun an d'Dünge souwéi och eng Ganzbamrecolte, y compris vum klengem Reiseg, wat awer wichteg ass fir de mineraleschen Equilibre vum Bëschbuedem.

Et gëtt och eng Flicht zur Informatioun vun de Bësch-noperen, de Proprietären, bei gréisseren Agrëffer. Den nationale Bëschinventaire kritt eng rechtlech Verankerung an, wéi schonn ugeschwat, de Conseil supérieur des forêts gëtt heimadde geschaf, wat ganz wichteg ass, fir d'Regierung an Zukunft ze beroden. Och do sinn zwee Delegéierter fir ëffentlech Bëscher dran.

Voilà. Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass dëse Projet net an engem Elfenbeintuerm entstanden ass, mee mat ville participative Reuniounen, Austausch-ronnen, och hei an der Chamber, dat ass och schonn ugeklungen, wou wierklech och deem Rapport Rechnung gedroe ginn ass vun 2016, deen an enger spezieller Sessioun hei entstanden ass.

Wat an Zukunft awer och nach ganz wichteg ass, dat sinn d'Sensibiliséierungsmoosnamen, déi wäerte gemaach ginn. Souwuel musse mer eis eege Leit nach eng Kéier forméieren op deenen Dispositiounen vun dësem Gesetz, mee och extern Acteure wäerten an Zukunft forméiert ginn. Am Hierscht wäerten do déi éischt Formatiounen ulafen.

Ech sinn der Meinung, dass et en equilibrierte Projet ass an dass mer wierklech wichteg grouss Errungenschaften hei mat erbréngen, mat de Rechter vun de Bierger, Verantwortung an och neien Avantagé fir Bëschbesëtzer, engem bessere Schutz vun eisem Ökosystem an engem bessere Schutz vum Bësch als Klimapartner souwéi der Garantie vun enger nohalteger Bëschbewirtschaftung.

Ech hunn d'Chance, reegelméisseg a Kontakt ze si mat Leit, déi an eise Bëscher schaffen, an déi soe mer all dee selwechte Message: Eis Bëscher brauchen eigentlech eis Hëllef net, fir sech un d'Verännerung vun der Ëmwelt unzupassen. Op hir natierlech Manéier wäerte si dat packen, mee dat dauert e Joerhonnert, méi souguer. An duerno wäerten d'Bëscher warscheinlech net méi esou ausgesinn, wéi mir et gewinnt sinn. Mee wa mir an noer Zukunft, also fir eis Kanner an déi kommend Generatiounen, dem Bësch seng Déngschtleeschunge weiderhi wëllen notzen, da musse mer elo domat ufänken, e besser ze schützen.

Eist Zil ass et also, d'Interesse vu Mënsch an Natur an Aklang ze bréngen, well eis Bëscher schützen

heescht, d'Natur an d'Zukunft zu Lëtzebuerg ze schützen. A genau dofir brauche mir dësen Text, a mir brauchen en och elo!

Zum Schluss wollt ech nach eng Kéier Merci soen alle Leit, menge Virgänger virun allem, fir dësen Ursprungstext, an awer och all deene Leit, déi gehollef hunn, den Text ze verbesseren, y compris menger Ekipp, an natierlech och de Leit hei am Raum. Iech alleguer merci fir Är Contributioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Ëmweltministesche Joëlle Welfring. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Also, merci och der Madamm Ministesch fir déi Erklärungen, déi se nach op d'Fro vum Gilles Roth ginn huet. Mir hunn dat elo probéiert. Ech traue mer elo mol zou, dass ech weess, wéi ech op Geoportail eppes klicken. Mir hunn dann och deen Extrait gefrot. Et muss een natierlech seng Donnéeën ugin, fir Abusen ze verhënneren. Och dat ass ok.

Éischtens emol: Et ass net live, et schéngt eng Verifikatioun derzwëschentgeschalt ze si vun der Administration du cadastre. Dat heescht, do wär och emol d'Fro, wéi oft, wéi vill Requêtes een da ka maachen, éier ee gesot kritt: „Du méchs der elo ze vill!“ Dat ass, mengen ech, och eng grouss Fro, well hei ginn awer Requêtes gefrot.

Et kritt een och net déi ganz Adress, mir hunn dat elo getest, et kritt een en Numm an et kritt een eng Postleitzuel an eng Uertschaft. Elo kann ee soen: A verschiddenen Dierfer kënnst ee mat Numm a Postleitzuel och nach op Stroossenniveau erof, an dann hofft een, dass et eng kleng Strooss ass, wann een dann duerch d'Strooss trëppelt, fir déi Boîte ze fannen.

Ech di mech awer schwéier, haut forcement e Proprietär ze erreche just op Basis vun deem, wat am Kadaster u sech um Extrait hannerluecht ass. Also et geet, et kënnst ee sécher un de Proprietär, den Opwand ass awer vläicht e bëssen disproportional zu deem, wat Dir elo virdrun uklänge gelooss hutt.

An déi zweet Fro, an ech mengen, dat huet de Gilles Roth och virdru gefrot, dat ass: Gëtt dann deen, deem seng Donnéeë consultéiert ginn, gewuer, dass hei ee seng Donnéeë consultéiert huet? Mir haten déi ganz Diskussioun och mam LBR. Ech erënneren drun – dat ass mat ee vun de Grënn, firwat mer nach ëmmer den LBR net erëm opgemaach hu fir méi Leit –, dass deen, deem am LBR steet a wa seng Donnéeë consultéiert ginn, muss gewuer ginn, dass e consultéiert gouf. An hei weess ech awer net, ob de Kadaster dat mécht. A wa jo, a wéi enger Form?

Et ass net Är Verwaltung, Dir kënnst net alles iwwert de Kadaster wëssen. Et wär awer vläicht interessant, wann d'Chamber op déi Froen Äntwerte géif kréien, well hei geet et awer ëm de Kär vun Dateschutzrecht, wat mer hunn. An esou einfach, wéi Dir et duergestallt hutt, muss ech elo aus eegener Erfahrung duerch d'eegent Teste soen, geet et leider net, well et kritt een net déi Donnéeën, fir déi Persoun direkt per Courrier unzeschreiwen, geschweige denn iwwer iergendee moderne Kommunikatiounsoutil. Dat wollt ech awer vläicht der Chamber hei nach mat op de Wee ginn. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Ministesch.

Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci fir dës zousätzlech Elementer. Also et ass esou, dass mir dat effektiv probéiert hunn, grad mat engem Beispill,

dat d'Madamm Hansen bruecht huet. Do hu mer ganz genau erausfonnt, wéi et gehéiert, a mir hätten och do sécher Moyene fonnt, fir déi ze kontaktéieren. Dat war nämlech an dësem Fall eng Kapell, déi tatsäcchlech och der Ëffentlechkeet gehéiert, wou een och sécher kann erausfannen, wéi een déi kontaktéiert. Ech sinn der Meinung, dass do eng Méiglechkeet ass, fir dat ze fannen.

Wann ech mech richteg erënneren – mee dat sinn och Reegelen, déi hunn ech net erfondt –, wann een do eng Requête mécht um Geoportail, dann huet een eng Limitatioun bei enger Requête vun zéng Ufroen. An dat ass, mengen ech, och dat, wat eng Proportionalitéit soll duerstellen. Wann elo zousätzlech Froe sinn zum Fonctionnement vun deem Geoportail a vum Kadaster, géif ech Iech invitéieren, déi Froen och un déi zoustänneg Uspriechpersounen ze stellen. Dat ass elo wierklech net de Bestanddeel vun dësem Gesetzestext an och wierklech net a mengen Attributiounen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Welfring. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7255. Den Text steet am Document parlementaire 7255¹⁸.

Ech wollt Iech drop hiweisen, dass an den Artikelen 13, 24 a 34 nach 8 „track changes“ hu missen ewechgeholl ginn. Beim Artikel 13, drëtten Paragraph, am Artikel 24, éischten Paragraph Punkte 5 a 6, am Artikel 24, zweeten Paragraph Punkt 1, am Artikel 24, drëtten Paragraph Punkt 7 souwéi am Artikel 34, zweeten Paragraph, bei der Opzielung ënnert dem klengen a) war e Komma nach ënnerstrach, am Artikel 24, éischten Paragraph Punkt 4 war de Punkt 4 nach duergestrich.

Mir stëmmen elo iwwert den Text ouni dës „track changes“ of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7255 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Martine Hansen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da musse mer nach iwwert d'Motioun vun der Madamm Martine Hansen befannen. Wie wëllt dozou d'Wuert ergräifen? Den Här François Benoy.

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Jo, villmools merci, Här President. D'Motioun, wéi d'Madamm Hansen se deposéiert huet, ass eng Motioun, wou et drëms geet, dass een d'Gesetz, wéi mer dat bei ville Gesetzer hei maachen, no e puer Joer evaluéiert dorop, wéi gutt et ëmsetzbar ass, an d'Fro stellt, ob een da gegebenefalls Nobesserunge mécht. Et ass also eppes, wat d'Chamber bei ville Gesetzer decidéiert. An där Hisiicht hu mir domadder och kee Problem.

Wat mer awer méi schwierig fannen, ass, dass déi Motioun esou en negativen Ënnertoun par rapport zu dem Gesetz huet. An dat ass natierlech eng Lektür vun deem Text, dee mer grad hei à l'unanimité des présents gestëmmt hunn, déi mer esou net kënnen akzeptéieren.

Wann ech zum Beispill soen, dass am Kader vun deem legislative Prozess d'Gesetz considerablement verbessert ginn ass, da soen ech, et goufen Ännerunge gemaach, wéi dat üblech ass, mee d'Haaptiddi vun dem Gesetz, wat den Accès ass, wat d'nohalteg Bewirtschaftung vun de Bëscher ugeet, wat zum Beispill d'Gestioun ugeet, an anerer, dat ass ëmmer nach déi selwecht. Dat heescht, jo, mir hunn Upassunge gemaach, mee d'Teneur vum Gesetz ass ëmmer nach déi selwecht.

Mir hunn och grad administrativ Vereinfachunge gemaach, dat heescht, mir hu grad mat deem heite Gesetz d'Saach verbessert an net iergendwéi nach méi reglementéiert.

Ech hu virdru mat der Madamm Hansen driwwer geschwat an hir eng Rei Propositionne gemaach, wéi een déi Motioun kéint änneren, notament andeems mer géifen deen Term „considérablement“ eraushuelen, andeems mer géifen an dem drëtten Tiert „également dans la perspective du développement de notre Wood Cluster“ – well dat einfach ee Beispill ass, do hätt een och anerer kënnen nennen – och sträichen, respektiv de véierte Considerant och sträichen an och bei dem Invite en Deel dovun eraushuelen a vun zwee op dräi Joer goen. Dat hei ass awer e grouss Gesetz, dat wäit geet. Dat heescht, mir mengen, dass den Delai vun dräi Joer méi rasonabel wär an och méi ugepasst wär.

Wann d'CSV déi Modifikatiounen géif akzeptéieren, da kéinte mir déi Motioun och esou matstëmmen. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Benoy. Da ginn ech direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Hansen, fir ze kucken, ob si mat deene Propositionen d'accord ass.

Mme Martine Hansen (CSV) | Jo, d'Haaptsaach ass, et gëtt eng Evaluatioun gemaach an et gëtt am Sënn vun der Nohaltegkeet vum Bësch u sech herno ugepasst. A vu datt et och ugepasst gëtt am Sënn vun der Praktikabilitéit, mengen ech, wäert d'Surreglementatioun, wann der do ass, souwiesou fortfalen, soudatt ech kann heimadder averstane sinn.

Ech fannen et e bësse schued, dass mer de Wood Cluster erausträichen, well et awer ee Beräich ass, wou ech denken, dass mer eis kéinte weiderentwéckelen. An de Wood Cluster brauch Holz. Dofir

kann ech jo keng 25 där Clusteren opbauen. Mee wéi gesot, mir kënnen domadder liewen, also maache mer déi Ännerungen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hansen. D'Madamm Cecchetti wëllt nach e Wuert soen.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, ech wollt soen, dass mir domadder dat och kënnen droen, well fir eis war se och e bëssen negativ. A wann awer déi Ännerungen do gemaach ginn, da kënnen mir se och komplett matstëmmen.

Merci.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

– *saluant que le projet de loi 7255 sur les forêts tend à mettre en place un cadre légal général robuste et cohérent pour les forêts ;*

– *saluant que le présent projet de loi a été amélioré depuis son dépôt ;*

– *considérant qu'il est important que la triangle de la durabilité soit en équilibre, en particulier en ce qui concerne les forêts, qu'elles soient privées ou publiques,*

invite le Gouvernement

– *à évaluer et, le cas échéant, à adapter le présent projet de loi trois ans après son entrée en vigueur quant à sa pratique pour garantir ainsi une gestion durable de nos forêts.*

(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Félix Eischen, Octavie Modert, Jean-Paul Schaaf.

Vote sur la motion 1 modifiée

M. Fernand Etgen, Président | Wie mat dem modifizierten Text d'accord ass, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dee modifizierten Text eestëmmeg ugeholl.

8. 8143 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8143 iwwert d'Aféiere vun engem Fong fir den Ëmweltschutz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, an dat ass nach eng Kéier den honorablen Här François Benoy.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Hären, Madamm Ministesch, ech presentéieren Iech elo de Gesetzesprojekt 8143, mat deem mir dem Ëmweltfong säi Champ d'application erweideren a seng Interventioun weider definéieren. Domat stelle mir dat wichteg Instrument méi effikass op a stäerken den Ëmweltschutz zu Lëtzebuerg.

Fir de villsäitegen Ufuerderungen am Ëmweltberäich gerecht ze ginn, weite mir de Champ d'application vum Fong, wéi gesot, aus, notament ëm d'Finanzéierung vun: neie Ressourcenzentren, Ëmweltprojete ronderëm déi global Nohaltegkeetsziler aus der Agenda 2030, Aktivitéiten a Projete géint de Kaméidi, fir eng sécher an nohalteg Notzung vu cheemesche Produiten, géint atmosphäresch Verschmutzung, fir

eng besser Loftqualitéit. Heirënner falen och Projeten aus dem Beräich vun der Pollution lumineuse zum Beispill. Da Faisabilitéitsetüden, dat heescht Etüden, ob a wéi e Projet kéint realiséiert ginn, déi nämlech dacks relativ deier sinn, an dofir ass déi Etapp ganz wichteg, fir am Virfeld eng Faisabilitéitsetüd ze maachen. Mat dëser Ännerung muss elo net méi de Regierungsrot saisiéiert ginn, wann een esou eng Etüd soll maachen, déi vum Fong finanziéiert gëtt. Da Pilotprojete fir ze kucken, wéi nei Technologie kënnen applizéiert ginn, a Rechercheprojeten, fir eist technesch a wëssenschaftlech Wësse virunzedreien.

Par contre ginn de Klimawandel, d'Energieeffizienz an d'erneierbar Energien aus dem Gesetz vum Ëmweltfong vum 31. Mee 1999 gestrach, well déi entre-temps iwwert de Klima- an Energiefong gereegelt sinn. Ech weisen dann och nach drop hin, dass et dernieft och nach en drëtten Fong an dem Ëmweltberäich gëtt, nämlech de Waasserfong.

Dann iwwerhuele mer am Gesetz niewent dem Intérêt public och nei d'Utilité publique a kënnen déi Projeten an Zukunft mat bis zu 100 % finanzéieren.

Nei ass, dass e Finazement aus dem Ëmweltfong elo och a Fro kéint fir Initiativen a Projeten, déi vun Associatiounen, déi am Ëmweltberäich aktiv sinn, kënnen eragereecht ginn. Dat huet de legale Kader bis elo net hierginn. Donieft kënnen och Gemengen, Syndikater an Établissements publics vun engem Finazement aus dem Ëmweltfong profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Hären, d'Ëmweltministesch huet d'Texter zur Modifikatioun vum Ëmweltfong de 27. Januar 2023 deposéiert. Den 13. Juni huet de Staatsrot säin Avis ginn an an zwou formellen Oppositionne Prezisiounen weinst juristescher Onsécherheet respektiv der Proportionalitéit gefrot.

An der Sitzung vun der Ëmweltkommissioun vum 21. Juni gouf ech Rapporteur genannt a mir sinn duerch d'Gesetz gaangen an hunn dunn och Amendementer ugeholl, déi et dem Staatsrot a sengem zweeten Avis erlaabt hunn, den Text ze approvéeieren.

D'Handelsnummer begréisst an hirem Avis déi administrativ Vereinfachungen, déi mat dësem Gesetz kommen, a freet nach méi Ënnerstëtzung am Ëmweltberäich fir d'Entreprises. An de Syvicol freet sech iwwert déi nei Méiglechkeete fir d'Gemengen, fir e Finazement am Ëmweltberäich kënnen ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Hären, mat dësem Gesetzesprojekt stelle mir den Ëmweltfong besser fir d'Zukunft op a suergen dafir, dass en den aktuellen Defien am Ëmweltschutz gerecht gëtt. Mir weite säi Champ d'application aus a méi Acteure kënnen vun der Hëllef profitéieren. Domat stärke mir den Ëmweltschutz an dofir kann ech och mat grousser Freed den Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

Une voix | Très bien!

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Här President, léif Kollegen a Kolleginnen, well dat heite méiglecherweis déi leschte Kéier ass, wou ech an dëser Legislaturperiod d'Chance hunn, als Président-rapporteur ze schwätzen, wollt ech Iech froen, ob ech nach e puer Wuert zousätzlech kéint soen. Ech wollt nämlech dervu profitéieren, fir Iech alleguer a speziell de Memberen aus der Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Mir huet et op alle Fall vill Freed gemaach. Et war mer eng grouss Éier. Ech hunn ëmmer mäi Bescht gemaach, fir d'Kommissiounen optimal ze organiséieren an d'Saach weiderzebréngen.

Mir hu vill geschafft: An dëser Legislaturperiod hate mer, wann ech mech net verzielt hunn, 155 Sitzungen a